

Spécial budget

Gemengebuet

MAMER CAP HOLZEM



Budget rectifié de l'exercice 2025
Projet de budget pour l'exercice 2026

Consultez la version française et
la version anglaise sur notre site www.mamer.lu :





Inhaltsverzeichnis

Sommaire

■ Sitzungsbericht vom 1. Dezember 2025	4
■ Sitzungsbericht vom 12. Dezember 2025	30

Veuillez trouver les versions françaises et anglaises du budget communal 2026 en flashant le code QR ci contre avec votre smartphone ou en tapant www.mamer.lu/media-centre/publications/ dans l'espace adresse de votre navigateur internet.

**Editeur**

Commune de Mamer
Département des Relations publiques

Concept & Réalisation

brain&more - agence en
communication, Luxembourg

Sitzungsbericht vom 1. Dezember 2025

Beginn der Sitzung: 17.00 Uhr Zuhörer: 4

ANWESEND

CSV

FELLER Luc (Bürgermeister)
BUCHETTE Ed (Schöffe)
BECK Yannick (Rat)
BEISSEL Jean (Rat)
FRANK Simone (Rätin)
KERSCHENMEYER Tom (Rat)
SCHMID Nadine (Rätin)

LSAP

NEGRI Roger (Schöffe)
CLOSENER Francine (Schöffin)
JENSEN Elaine (Rätin)

DP

BINDELS Sven (Rat)
KLOPP Jessica (Rätin)

DÉI GRENG Mamer

BERNARD Djuna (Rätin)
DROSOU Georgia (Rätin)
SCHAAF-HAAS Adèle (Rätin)

1. Haushalt: Vorlage des berechtigten Haushaltsplans für das Geschäftsjahr 2025 und des ursprünglichen Haushaltsplans für das Geschäftsjahr 2026.
2. Stadtplanung und Raumordnung:
 - a) Aufteilung von zwei Grundstücken in Mamer, 37, rue de la Libération, in vier Baugrundstücke (Artikel 29 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);
 - b) Abstimmung des Gemeinderats über eine punktuelle Änderung des grafischen Teils des Allgemeinen Bauungsplans (PAG) der Gemeinde Mamer bezüglich der in Capellen gelegenen Grundstücke „Zolwerfeld IV“ (Artikel 14 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);
 - c) Abstimmung des Gemeinderats über eine punktuelle Änderung des grafischen Teils des Teilbauungsplans „bestehendes Viertel“ (PAP QE) der Gemeinde Mamer in Bezug auf Grundstücke in Capellen, „Zolwerfeld IV“ (Artikel 30 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);

- d) Beschluss über die Ausübung eines Vorkaufsrechts auf einer Parzelle in Mamer, eingetragen im Kataster der Gemeinde Mamer, Sektion B von Mamer-Sud, unter der Nr. 457/7765, im Flurname „Rue des Jardins“;
- e) Beschluss über die Ausübung eines Vorkaufsrechts auf eine Parzelle in Mamer, eingetragen im Kataster der Gemeinde Mamer, Sektion B von Mamer-Sud, unter der Nr. 457/7765, im Flurname „Rue des Jardins“.

3. Genehmigung eines Dienstleistungsvertrags, der die Modalitäten für die Entwicklung und Unterstützung des „Bürgerhauses für Gleichheit und Inklusion“ regelt.
4. Gemeindefinanzen: Genehmigung von Einnahmenbelegen.
5. Gemeinsames Sozialamt in Mamer: Genehmigung des berechtigten Haushaltsplans 2025 und des ursprünglichen Haushaltsplans 2026.
6. Verkehr: Bestätigung einer dringlichen Verkehrsregelung mit einer Gültigkeitsdauer von mehr als 72 Stunden – Route d’Arlon in Capellen.
7. Zuschüsse für Vereine: 3.500,00 € an den Tourismusverband für die Organisation des Empfangs anlässlich des Nikolaustags 2025.
8. Informationen, Verschiedenes und Fragen der Gemeinderäte.
9. Personalangelegenheiten: Beschluss über die Gewährung von Abschiedsgeschenken bei Eintritt in den Ruhestand oder der Verleihung von Jubiläumshuhren für 20 Jahre treue Dienste.

Eingangs der Sitzung informiert Bürgermeister Luc Feller (CSV), dass Punkt 2a) der Tagesordnung in einer der nächsten Sitzung behandelt wird.

1. Haushalt: Vorlage des berechtigten Haushaltsplans für das Geschäftsjahr 2025 und des ursprünglichen Haushaltsplans für das Geschäftsjahr 2026.

Presentatioun vum BUDGET RECTIFIE 2025 a vum BUDGET INITIAL 2026 vum Buergermeeschter Luc Feller am Wuertlaut:

„Eis Gemeng gestalten – Investitioun a Mënsch, Natur an Zukunft“

Dir Dammen an Dir Hären,

Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot,

Ewéi dat lescht Joer ass et mir eng Eier, Iech de Budget fir d'Joer 2026 am Numm vum Schäfferot ze presentéieren.

Et ass dëst ee **Moment vum Bilan**. Et ass dëst ee **Moment vum Ausbléck**. Och ee **Moment vum Austausch**.

Eist Zil aus de leschte Joren – eist Zil iwwert déi nächst Joren:

Eng **Gemeng, wou d'Leit gäre liewen**.

Eng **Gemeng fir all Alter an all Kultur**.

Eng **Gemeng, wou d'Bierger sech wuel spieren**.

Eng **Gemeng, wou d'Kanner op modern Schoul- a Betreiuungsstrukturen ziele kënnen**.

Eng **Gemeng, déi vill Fräizäitméiglechkeete bitt**.

Eng **Gemeng no bei der Natur**.

Eng **Gemeng, déi hir sozial Aufgab** eescht hëlt.

Eng **Gemeng, wou d'Nopere sech an hirer Fräizäit gäre begéinen** – sief et am Brill, am Parc des Sports et des Loisirs, an eisen dynamesche Veräiner, bei eise sëllege Concerten, Festivitéiten, Konferenzen, Informatiounsowender, op der Äispist, an der Wanterbar oder am Wanterchalet.

Eng **Gemeng, déi do ënnerstëtzt, wou flott Initiativen entstinn**, besonnesch an eise Kommissiounen, bei de Bierger

mam Budget participatif a mat de Workshope vun der Ëmweltkommissioun oder der Maison citoyenne. An natierlech an eiser räicher Veräinswelt. Ronn 2.500 affiliéiert Membere bei eise Sportsveräiner. Dovunner 1.700 ënnert 18 Joer – ronn 700 aus eisen Nopeschgemengen. Zousätzlech 1.100 Membere bei eise Kulturveräiner.

Duerfir héich Subsidien, besonnesch fir den Encadrement. Vill logistesche Hëllef duerch d'Gemeng, eng progressiv Moderniséierung vun eise Sportsinfrastrukturen. Eng immens flott Kooperatioun fir d'Organisatioun vun eise Festivitéiten – de Veräiner duerfir ee grouse Merci.

Eng **Gemeng, déi do hëlleft, wou de Besoin ass**. Duerfir eng Reform vun eiser Deierungszoulag. Duerfir eng enk Kooperatioun mat eisem Office social. Duerfir ee Plang fir déi fräi Flächen am SNHBM Gebai – also am Millénaire Gebai – zum Deel enger sozialer Notzung zoukommen ze loosser.

Eng **Gemeng, déi de Wandel net ofwaart, mä selwer preparéiert**:

Ze gesinn **um Kinneksbond** mat flotten neien Infrastrukturen: modern Schoulinfrastrukturen, eng nei Maison Relais, eng nei Piscine, eng nei Musekschoul. Vill Investissementer och op deem Site am Kader vum Klimapakt.

Ze gesinn **um Schoulcampus op der Cap**: ee Gebai am Bau mat integréierter Schoul a Maison Relais.

Ze gesinn **zu Mamer am Zentrum**: mat neiem Parking, deen am Summer opgoe wäert, mam betreite Wunnen, dat seng Dieren am 1. Trimester opmécht, mam Wëllebau, deen nees mat Liewe gefëllt ass – jo de Bau fällt op – mä et passt. Baussen a bannen.

Ze gesinn **wann een aus Mamer erausfiert**: mat enger neier Kläranlag – a geschwë fir d'Cap een neien Drénkwaasserreservoir fir eis Versuergung op Dauer ofzesécheren.

Dir Dammen an Dir Hären,

All dës Projeten, all déi nei Infrastrukturen an déi vill Initiativen hunn ee gemeinsame Punkt: **si stinn op enger gesonder an nohalteger Finanzbasis**.

Erlaabt mer duerfir als éischt op **e puer wichteg Eckdate** vun eiser Gemeng anzegoen: d'Entwécklung vun eiser Bevëlkerung, eis Haaptrecetten an eis Emprunten.

Eckdate vun eisem Budget an onser Gemeng

Bevëlkerung

Op den **1. Januar 2025** hat eis Gemeng 11.367 Awunner. 308 Leit méi ewéi nach Ufanks 2024. Een Zouwuess vu knapps 2,79 %. Dëst am Verglach mam nationalen Zouwuess, dee fir déi selwecht Period bei 1,6 % loung. Een Trend, dee mir zanter méi laangem gesinn. Een Trend, dee weist, **datt vill Leit sech ganz bewusst duerfir entscheiden, zu Mamer ze wunnen an hir Zukunft hei opzebauen.**

Fir 2025 gi mir vun engem änlechen Zouwuess aus a rechnen domat, dass mir um Enn vum Joer ronn 11.650 Awunner wäerten hunn.

Fir **2026**, rechne mir mat engem Zouwuess vu ronn 345 Awunner. Mat deenen éischte Bierger, déi am **PAP Wältgebond** eraplënnen, dee jo haaptsächlech vum **Fonds du Logement** gebaut gëtt. Och an eisem Gebai an der rue du Millénaire, – 19 Apartementer vun der SNHBM gebaut – wäerten 2026 déi éischt Awunner eraplënnen.

Nei Bierger also – mir bidden hinne **modern Infrastrukturen an héichwäerteg Servicer** – vun der Schoul iwwert d'Betrieung, bis zu enger räicher Fräizäit- a Kulturoffer. Si bréngen eis weider **kulturell Villfalt**.

D'Altersstruktur vun eiser Bevëlkerung ënnersträicht dat.


15,50 % vun onsen Awunner hunn tëschent 10-19 Joer. Déi national Moyenne läit bei 10,62 %.

Mir sinn also **eng jonk Gemeng**, mat **viele Kanner a Jugendlechen**. Dëst erkläert och, firwat **Investissementen an d'Schoulen, d'Maison-Relais, d'Sport- an d'Fräizäitstrukturen** esou eng grouss Roll an eiser Budgetspolitik spillen.

Mamer ass gläichzäiteg eng divers Gemeng: 50,5 % vun eisen Awunner hunn eng net-lëtzebuergesch Nationalitéit, géintwärtig 47,03 % um nationale Plang.

Ee Spigel vun der international, oppener Dynamik vun eiser Gemeng – an och duerfir investéiere mir an Integratioun, Zesammenhalt an an eng Gemeng „fir all Kultur“.

Évolution de la population



Fonds de Dotation Globale des Communes an Impôt commercial communal

Un d'Bevëlkerungszuel gekoppelt ass de **Fonds de Dotation Globale des Communes**, den „FDGC“.

Et ass eis gréisst sougenannt „Recette non-affectée“. Zesummegeat aus:

- engem Undeel un den Akommessteieren,
- engem Undeel un der TVA,

- engem Undeel un der Autossteuer,
- 65 % vun der Gesamtrecette vum ICC, also der Gewerbesteier,
- an engem forfaitaire Bäitrag vum Staat.

D'Budgetscirculaire geet beim FDGC vun engem Plus vun 2,7 % fir 2025 par Rapport zum Kont 2024 aus an engem Plus vu 7,2 % fir 2026 – ëmmer par Rapport zum Kont 2024.

Dernieft bezitt Gemeng Recetten duerch **d'Gewerbesteier**, dem ICC. Am Budget setze mir als Recette just nach d'Participation directe an. Dës Participatioun ass plafonéiert op 35 % vum ICC, deen um Territoire vun der Gemeng agezu gëtt, ouni kënne 35 % vum nationalen Duerchschnëtt pro Awunner ze iwwerschreiden. De Surplus fléisst an de FDGC a gëtt uschlëssend un all d'Gemenge verdeelt.

An der Budgetscirculaire geet de Staat bei der Gewerbesteier vu +10,6 % Recettë fir 2025 par Rapport zum Kont 2024 aus. Fir 2026 gëtt d'Recette op +12,4 % par Rapport zum Kont 2024 geschat.

FDGC an ICC maachen zesummen:

- fir 2025: 79,64 % vun eisen ordinären Einnamen aus an
- fir 2026: 79,62 % vun eisen ordinären Einnamen.

De Montant, dee mir pro Awunner iwwert den ICC an den FDGC bezeien, läit ëm 4.600 €.

Évolution des recettes ICC et FDGC



	2021	2022	2023	2024	2025	2026
ICC	4 153 336,38 €	3 007 062,07 €	4 729 191,33 €	5 979 791,08 €	6 613 649,00 €	6 721 285,00 €
FDGC	31 674 781,73 €	33 527 492,57 €	38 058 401,19 €	44 886 872,38 €	46 098 817,00 €	48 735 000,00 €
TOTAL	35 828 118,11 €	36 534 554,64 €	42 787 592,52 €	50 866 663,46 €	52 712 466,00 €	55 456 285,00 €

An Euro ausgedréckt bezéie mir fir 2025, 6,6 Milliounen € ICC an 46 Milliounen € FDGC. Fir 2026 sinn et der 6,7 Milliounen € beim ICC an 48,7 Milliounen € beim FDGC.

Année	ICC	FDGC	Total
2017	4 342 337,77 €	22 936 867,77 €	27 279 205,54 €
2018	- 1 594 525,57 €	26 755 431,52 €	25 160 905,95 €
2019	5 113 591,03 €	29 383 722,63 €	34 497 313,66 €
2020	4 014 415,14 €	27 621 743,34 €	31 636 158,48 €
2021	4 153 336,38 €	31 674 781,73 €	35 828 118,11 €
2022	3 007 062,07 €	33 527 492,57 €	36 534 554,64 €
2023	4 729 191,33 €	38 058 401,19 €	42 787 592,52 €
2024	5 979 791,08 €	44 886 872,38 €	50 866 663,46 €
2025	6 613 649,00 €	46 098 817,00 €	52 712 466,00 €
2026	6 721 285,00 €	48 735 000,00 €	55 456 285,00 €

Fonds pour l'emploi

D'Basis fir d'Berechnung vum Bäitrag ass den Undeel vum ICC vun der Gemeng am Verglach zum Gesamt-ICC am Land. Op dësen Undeel ginn dann 2 % applizéiert, déi als Participatioun vum Gemengebudget un de Fonds pour l'emploi ofgefouert ginn.

Am Budget si fir:

- 2025 eng Depense vun 844.000 €;
- an 2026 eng Depense vun 854.000 € virgesinn.

Dëst ass e **wichtegt Element vun der nationaler Solidaritéit am Beräich Beschäftegung a Stabilitéit um Aarbechtsmaart**. Fir eis als Gemeng heescht et awer och, datt mir dës Bäitrag mussen an eis mëttelfristeg Planung mat abauen.

Emprunt

Iwwert déi lescht Jore gouf zu Mamer ganz **vill an d'Infrastrukturen** investéiert. Infrastrukturen, déi **d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng** ausmaachen. Infrastrukturen, déi gréisstendeels **generatiounsiwwergräifend** sinn.

Een Deel vun dësen Investissementer kënnen mir mat eisem uerdentleche Boni finanzéieren, deen an der Moyenne déi lescht 10 Jore bei 12,5 Milliounen € loung. Een aneren Deel gëtt iwwert staatlech Subventiounen finanzéiert. Ee weideren Deel vun dësen laangfristegen Investissementer gouf iwwert Emprunt finanzéiert.

Am **Budget 2026** sinn, ewéi schonn 2025, **keng weider Emprunte virgesinn**. D'Investier bliwen trotzdeem op engem héijen Niveau.

Enn 2025 wäerten ons Emprunten 124 Milliounen € ausmaachen. Enn 2026, geet dës Montant op 118 Milliounen € erof.

Doraus ergëtt sech fir 2025 e Ratio vun der finanzieller Charge vun den Emprunten am Verglach zu den ordinäre Recettë vun 13,02 %. Fir 2026 fällt dës Ratio op 12,26 %. Dat weist, datt mir trotz héijen Investissementer eng gesond Finanzplanung, eng drobar Verschëldung behalen.

Tëscht 2000 an 2026 hu mir 583,16 Milliounen € investéiert. Dovunner sinn 29,58 % iwwert Emprunt finanzéiert ginn.

Duerfir léieren eis Kanner a **moderne Musek- a Schoulinfrastrukturen**.

Duerfir ginn eis Kanner a **4 flotte Maison-Relais** begleet.

Duerfir hunn **eis Veräiner** – souwuel d'Sports- ewéi och d' Kulturveräiner – **gutt Stockage-, Trainings- a Proufméiglechkeeten**.

Duerfir hu mir **ee flotte regionale Kulturzentrum**.

Duerfir **léiert all Kand**, dat bei eis an d'Schoul geet, **schwammen**.

Duerfir hu mir **een nohaltegt Kanal- an Ofwaassersystem** mat enger vun de modernste Kläranlagen.

Duerfir hu mir souwuel zu Mamer ewéi op der Cap **een Erhuelungsgebitt direkt am Zentrum** vun der Uertschaft.

Duerfir investéiere mir konsequent an **energeetesche a klimafreundlech Projeten**.

Duerfir konnte mir den **Zentrum vun Holzem** moderniséieren.

Duerfir kënnen mir **sozial Wunnengen**, ee **grousse Parking**, eng **flott Brasserie**, zousätzlech Bürosflächen an ee **Café intégratif** am Zentrum vu Mamer schafen.

Dat, gëtt et net zum Nulltarif.


Wichtig ass d'Fro – hu mir d'Kapazitéite fir dësen Invest ze stemmen?

D'Äntwert ass jo. **Mir wäerten am ordinäre Budget 2026 – duerch eng virsichteg Ausgabepolitik – déi éischte Kéier een Iwwerschoss vun iwwert 15 Milliounen errechen.**

Dëst ass Deel vun enger Finanzpolitik, déi **Investitiounsnätzlechkeet an Investitiounskraft equilibréiert**.

Ee vun eisen Emprunten ass 2025 ausgelaf. Ee weidere leeft 2026 aus. Beim Remboursement profitéiere mir aktuell vun der Baisse vun den Zësen zanter 2024. Wann den Euribor 3M nach Ufank 2024 bei 3,905 % loung, leit dësen Enn November 2025 bei 2,066 %. Als Schäfferot suivéiere mir d'Evolutioun vun den Tauxen a bleiwe virsichteg bei de Previsiounen. Dowéinst hu mir fir 2026 mat kenger weiderer Baisse gerechent fir de Montant vum Remboursement auszerechnen.

Solde des emprunts au 31.12



Budget rectificé 2025 a Budget initial 2026

Dir Dammen an Dir Hären,

Bevir mir an den Detail vum Budget initial fir d'Joer 2026 kommen, géif ech lech als éischt d'Eckdate vum Budget rectificé 2025 presentéieren.

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	66 188 798,53 €	9 754 801,00 €
Total des dépenses	52 262 643,75 €	43 693 572,00 €
Boni propre à l'exercice	13 926 154,78 €	-
Mali propre à l'exercice	-	33 938 771,00 €
Boni du compte 2024	18 295 396,80 €	27 881 457,83 €
Mali du compte 2024	-	-
Boni général	32 221 551,58 €	-
Mali général	-	6 057 313,17 €
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 6 057 313,17 €	6 057 313,17 €
Boni présumé à la fin 2025	26 164 238,41 €	-
Mali présumé à la fin 2025	-	-

Déi uerdentlech Recettë belafe sech fir 2025 op 66,18 Milliounen € an déi uerdentlech Depensen op 52,26 Milliounen €. Heirausser ergëtt sech fir 2025 e Boni ordinaire vun 13,92 Milliounen €.

An anere Wieder: 21,04 % vun eisen ordinäre Recettë kënnen mir notzen, fir eis Investitiounen an déi grouss Projeten an der Gemeng ze finanzéieren.

Am *Budget extraordinaire* – also do, wou déi gréisser Investissementer vun der Gemeng opgehooll ginn – leien d'Einnamen 2025 bei 9,75 Milliounen € an d'Ausgabe bei 43,69 Milliounen €.

	Autorisé 2025	Rectifié 2025	Variation en €	Variation en %
Budget ordinaire				
Recettes	64 375 387,53 €	66 188 798,53 €	1 813 411,00 €	2,82 %
Dépenses	52 313 430,00 €	52 262 643,75 €	- 50 786,25 €	-0,10 %
Résultat	12 061 957,53 €	13 926 154,78 €	1 864 197,25 €	
Budget extraordinaire				
Recettes	9 528 392,00 €	9 754 801,00 €	226 409,00 €	2,38 %
Dépenses	64 184 094,84 €	43 693 572,00 €	- 20 490 522,84 €	- 31,92 %
Résultat	- 54 655 702,84 €	- 33 938 771,00 €	20 716 931,84 €	
Budget global				
Recettes	73 903 779,53 €	75 943 599,53 €	2 039 820,00 €	2,76 %
Dépenses	116 497 524,84 €	95 956 215,75 €	- 20 541 309,09 €	- 17,63 %
Résultat	- 42 593 745,31 €	- 20 012 616,22 €	22 581 129,09 €	

Am Tableau gesitt Dir, datt eis uerdentlech Einnamen am Budget rectifié ëm 2,82 % klammen. Dat ass gréisstendeels op méi héich Recetten aus der Dotatioun respektiv aus der Gewerbesteier zeréckzeféieren, déi mir vum Staat iwverwise kréien. Op där anerer Säit sinn d'Einnamen iwver d'Surtaxe communale op den Droits d'enregistrement manner héich ausgefall, wat och den Ënnerschied tëscht dem *Budget autorisé* an dem *Budget rectifié* erkläert.

Déi uerdentlech Ausgabe sinn ëm 0,10 % no ënnen ugepasst ginn a belafe sech wéi virdu schonn ernimmt op 52,26 Milliounen €.

Am Budget extraordinaire ginn d'Einnamen ëm 2,38 % erop an d'Ausgaben ëm 31,92 % zeréck. Hei ass et wichteg ervirzehiewen, datt d'Bauprojeten ëmmer exerciceiwvergräifend ze gesi sinn: d'Ausgaben hänken direkt vum Avancement vun de Chantieren of. Decompte a Schlussrechnung ginn dowéinst mat engem gewëssen Decalage vun de jeeweilege Corps de Métier ausgestallt.

Bei den ausseruerdentleche Recettë stinn am Budget rectifié 9,75 Milliounen €. Hei fanne sech typescherweis ënner anerem ausseruerdentlech Bäiträg a Subventiounen, déi eis bei de groussen Infrastrukturprojeten ënner d'Äerm gräifen.

Do wieren als Recetten ze ernimmen:

Objet	Montant
Aide financière pacte logement 2.0 - Construction d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire)	2 073 350,00 €
Subside - Extension de l'école et de la maison relais au Campus scolaire de Capellen	1 130 000,00 €
Aide financière pacte logement 2.0 - Réaménagement du Parc des Sports et des Loisirs à Capellen	1 036 675,00 €
Subside - Construction d'une Maison Relais temporaire / Life Long Learning Center	678 000,00 €
PAP - Indemnités compensatoires à payer par le lotisseur en application de l'article 34 de la loi modifiée du 19/07/2004	590 000,00 €
Participation des riverains aux frais de raccordement à la canalisation des eaux usées	525 000,00 €
Subside - Installation de panneaux photovoltaïques au Kinneksbond	500 000,00 €
Vente de terrains au secteur public	466 720,00 €
Subside - Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer	450 000,00 €
Taxes d'infrastructure - Logement	275 000,00 €
Cession - Bâtiment Centre d'Incendie et de Secours de Mamer	201 500,00 €
Subside pour la mise en état des chemins ruraux	100 000,00 €

Ausseruerdentlech Depensen hu mir am Budget rectifié 2025 fir 43,69 Milliounen € virgesinn. Hei schloe virun allem zu Buch:

Objet	Montant
Construction d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire)	6 500 000,00 €
Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer	5 000 000,00 €
Extension de l'école de musique Kinneksbond Mamer	4 000 000,00 €
Construction d'une nouvelle école avec Maison Relais à Capellen	3 500 000,00 €
Remise en état du bâtiment „Wëllebau“ à Mamer	2 800 000,00 €
Transformation du revêtement du terrain de football N1 (terrain synthétique) et remplacement des mâts lumineux	2 660 000,00 €
SICA - Apport en capital	2 224 431,00 €
Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer	2 150 000,00 €
Construction d'une Maison Relais temporaire / Life Long Learning Center	2 100 000,00 €
SIDERO - Apport en capital	1 682 164,00 €
CIPA II - Participation aux frais d'infrastructures et de parking	750 000,00 €
Aménagement d'un bâtiment de stockage avec parking à côté du cimetière à Holzem	700 000,00 €
Aménagement d'une place de verdure devant le Centre Culturel Kinneksbond	680 000,00 €
Installation de panneaux photovoltaïques au Kinneksbond	650 000,00 €

Primes de construction et de transformation à caractère écologique	500 000,00 €
Réfection du trottoir des maisons 75-119 route d'Arlon à Capellen (côté gauche)	500 000,00 €
Remise en état de la façade de l'église à Mamer	330 000,00 €
Remise en état du bâtiment René Federspiel pour les besoins du club senior „Clubhaus am Brill“	300 000,00 €
Aménagement de salles au centre culturel de Capellen pour les besoins de la maison relais	300 000,00 €
Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale	300 000,00 €
Réaménagement de la Place de la Résistance à Holzem - Nouveau concept	300 000,00 €
Réaménagement du Parc des Sports et des Loisirs à Capellen	300 000,00 €
Remise en état de la toiture et de la façade de l'église et du presbytère à Capellen	260 000,00 €
Pacte Climat 2.0	250 000,00 €
Modernisation de l'éclairage intérieur du Hall sportif Nic Frantz à Mamer	220 000,00 €
Aménagement des espaces au rez-de-chaussée et au 3 ^{ème} étage du bâtiment „Millénaire“	200 000,00 €
Acquisition d'un tracteur thermique (remplacement du tracteur Mc Cormick datant de 1973) avec divers équipements	200 000,00 €
Travaux d'infrastructures à Capellen dans la route d'Arlon en direction du Windhof (Phase II - côté Nord)	200 000,00 €
Modernisation de l'éclairage intérieur du Hall sportif Kinneksbond à Mamer	200 000,00 €
Réparation de la toiture du bâtiment primaire au Kinneksbond	200 000,00 €
Remplacement des 2 ponts piétonniers au lieu-dit Drèps (endommagés lors des fortes pluies en 2021)	188 000,00 €
Acquisition et remplacement des jeux sur les aires de jeux	160 000,00 €
Pacte Nature	150 000,00 €
Remise en état des aires de jeux au Campus Kinneksbond à Mamer	150 000,00 €
Établissement d'une étude de circulation et d'urbanisme	150 000,00 €
Rénovation et mise en conformité de la salle des Fêtes à Holzem	120 000,00 €
Transformation du Mamer Schlass	100 000,00 €
Contrat d'urbanisme avec révision P.A.G.	100 000,00 €
Construction d'une maison relais n°4 au Kinneksbond à Mamer	100 000,00 €
Agrandissement de la capacité de production de la cuisine de la maison relais à Mamer	100 000,00 €
Agrandissement de la capacité de production de la cuisine de la maison relais à Capellen	100 000,00 €
Modernisation du réseau des eaux usées (rue du Centre, rue Pierre Krier-Becker, rue du Commerce (partiellement))	100 000,00 €
Remise en état des chemins du Parc Risch à Capellen et raccordement des étangs à la canalisation	100 000,00 €
Mise en conformité Passages Piétons + petits projets de mobilité	100 000,00 €
Approvisionnement en électricité du Parc Brill, de la Place de l'Indépendance et du Mamer Schlass	100 000,00 €
Aménagement d'un réfectoire avec vestiaires	100 000,00 €
Études diverses de faisabilité dans le cadre de projets visant à garantir l'approvisionnement en eau	100 000,00 €
Extension du Hall de Tennis à Capellen et du Restaurant	100 000,00 €
Améliorations ponctuelles au Campus scolaire à Capellen	100 000,00 €

Budget initial 2026

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	69 648 030,00 €	10 231 591,00 €
Total des dépenses	54 602 036,43 €	36 028 336,00 €
Boni propre à l'exercice	15 045 993,57 €	-
Mali propre à l'exercice	-	25 796 745,00 €
Boni présumé à la fin 2025	26 164 238,41 €	-
Mali présumé à la fin 2025	-	-
Boni général	41 210 231,98 €	-
Mali général	-	25 796 745,00 €
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 25 796 745,00 €	25 796 745,00 €
Boni définitif	15 413 486,98 €	-
Mali définitif	-	-

Budget ordinaire

Mat Bléck op d'Joer 2026 belafe sech déi **uerdentlech Einnamen** op ronn **69,64 Milliounen €**. Si leien domat ëm **5,23 %** méi héich wéi am *Budget rectificié 2025* geschat.

Déi **uerdentlech Ausgabe** leien 2026 bei ronn **54,60 Milliounen €** an domat ëm **4,48 %** iwwer de Käschten, déi am *Budget rectificié 2025* virgesi waren.

	Rectifié 2025	Initial 2026	Variation en €	Variation en %
Budget ordinaire				
Recettes	66 188 798,53 €	69 648 030,00 €	3 459 231,47 €	5,23 %
Dépenses	52 262 643,75 €	54 602 036,43 €	2 339 392,68 €	4,48 %
Résultat	13 926 154,78 €	15 045 993,57 €	1 119 838,79 €	
Budget extraordinaire				
Recettes	9 754 801,00 €	10 231 591,00 €	476 790,00 €	4,89 %
Dépenses	43 693 572,00 €	36 028 336,00 €	- 7 665 236,00 €	- 17,54 %
Résultat	- 33 938 771,00 €	- 25 796 745,00 €	8 142 026,00 €	
Budget global				
Recettes	75 943 599,53 €	79 879 621,00 €	3 936 021,47 €	5,18 %
Dépenses	95 956 215,75 €	90 630 372,43 €	- 5 325 843,32 €	- 5,55 %
Résultat	- 20 012 616,22 €	- 10 750 751,43 €	9 261 864,79 €	

Am Resultat also ee Boni ordinaire vu ronn 15,04 Milliounen € – en estiméierte **Boni wéi mer e bis elo an där Héicht an eiser Gemeng nach net haten.**

Ons Ausgabe klammen ëm 4,48 % - Jo – Mä, wei Dir wësst, hu mir als Gemeng keen direkten Afloss op verschidden Ausgaben, respektiv komme se nei an de Budget:

- eis Participatioun un de Syndikater geet an d'Luucht a bréngt eng zousätzlech Laascht vu ronn **462.000 €** mat sech;
- den **Impakt vun automateschen Avancementer beim Personal a vum Indexsprong**, deen am drëten Trimester 2026 virgesinn ass, mécht sech an de Personalkäschten an de verschiddene Kontrakter bemierkbar;

- dobäi kommen **d'Fonctionnementskäschte vun neien Infrastrukturen**: déi nei Cogeneratiounsanzlag, déi nei Fierschterhal, de Parking vum Millénaire-Gebai oder déi nei Raimlechkeete vum Club Senior am René-Federspiel-Gebai.

Dës Elementer erklären zum Deel d'Hausse bei den ordinäre Käschten. Gläichzäitig weist de staarke Boni ordinaire, datt mir trotzdem genuch Loft hunn, fir an déi wichteg Projeten ze investéieren. **Et weist och, datt mir bei eise Servicer Fouss beim Mol halen.**

	Budget ordinaire			Budget extraordinaire	
	Budget initial 2025	Budget initial 2026	Variation	Budget initial 2025	Budget initial 2026
SYVICOL	33 165,00 €	37 515,00 €	4 350,00 €	-	-
ZARO	-	-	-	-	-
SIGI	419 993,00 €	404 173,00 €	- 15 820,00 €	-	-
SES	2 115 000,00 €	2 200 000,00 €	85 000,00 €	-	-
SICA	1 777 000,00 €	1 875 000,00 €	98 000,00 €	2 224 431,00 €	2 069 118,00 €
SICEC	1 252,00 €	1 350,00 €	98,00 €	63 681,00 €	-
SICONA	34 760,00 €	36 079,00 €	1 319,00 €	-	-
SIDERO	2 504 877,00 €	2 782 170,00 €	277 293,00 €	1 682 164,00 €	4 691 714,00 €
SIDOR	10 000,00 €	10 000,00 €	-	-	-
OSC MAMER	202 150,00 €	214 575,00 €	12 425,00 €	3 296,00 €	2 504,00 €
TOTAL	7 098 197,00 €	7 560 862,00 €	462 665,00 €	3 973 572,00 €	6 763 336,00 €
Part / Dépenses	13,58 %	13,85 %	-	9,09 %	18,77 %

Déi zwee follgend Tableaue weisen am Detail – Funktioun fir Funktioun – wéi sech déi uerdentlech Recetten an Depensen entwéckelen. Si weisen op, a wéi enge Beräicher mir méi mussen ausginn a wou mir zousätzlech Recetten hunn.


Recettes ordinaires par fonction

Chapitre	Libellé	Rectifié 2025	Initial 2026	Variation rectifié 2025 / initial 2026
0	Codes techniques	136 778,53 €	-	-100,00 %
1	Services généraux des administrations publiques	55 302 150,00 €	58 168 635,00 €	5,18 %
2	Protection sociale	846 000,00 €	893 500,00 €	5,61 %
3	Ordre et sécurité publics	-	-	-
4	Affaires économiques	533 000,00 €	541 425,00 €	1,58 %
5	Protection de l'environnement	4 024 770,00 €	4 182 270,00 €	3,91 %
6	Logements et équipements collectifs	3 055 800,00 €	3 443 300,00 €	12,68 %
7	Santé	400 000,00 €	408 000,00 €	2,00 %
8	Loisirs, culture et culte	1 774 450,00 €	1 895 050,00 €	6,80 %
9	Enseignement	115 850,00 €	115 850,00 €	0,00 %
	TOTAL	66 188 798,53 €	69 648 030,00 €	5,23 %

Dépenses ordinaires par fonction

Chapitre	Libellé	Rectifié 2025	Initial 2026	Variation rectifié 2025 / initial 2026
0	Codes techniques	-	-	-
1	Services généraux des administrations publiques	20 073 628,00 €	20 501 780,00 €	2,13 %
2	Protection sociale	3 797 692,50 €	4 008 382,50 €	5,55 %
3	Ordre et sécurité publics	706 943,00 €	762 640,00 €	7,88 %
4	Affaires économiques	1 338 562,00 €	1 417 426,67 €	5,89 %
5	Protection de l'environnement	5 249 521,00 €	5 740 868,50 €	9,36 %
6	Logements et équipements collectifs	7 193 064,00 €	7 448 163,50 €	3,55 %
7	Santé	48 000,00 €	38 500,00 €	- 19,79 %
8	Loisirs, culture et culte	8 889 639,00 €	9 557 483,00 €	7,51 %
9	Enseignement	4 965 594,25 €	5 126 792,26 €	3,25 %
	TOTAL	52 262 643,75 €	54 602 036,43 €	4,48 %

Budget ordinaire - Évolution des dépenses et des recettes



Budget extraordinaire

Déi **ausseruerdentlech Einname** gi fir d'Joer 2026 op 10,23 Milliounen € ageschat.

Follgend Recettes extraordinaires siefen ervirgestrach:

Objet	Montant
Subside - Extension de l'école de musique Kinneksbond Mamer	1 850 150,00 €
Subside - Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer	1 475 000,00 €
Subside - Extension de l'école et de la maison relais au Campus scolaire de Capellen	1 444 016,00 €
Subside - Construction d'un immeuble au coin rue du Millénaire / rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire)	1 250 000,00 €
Subvention de l'État dans le cadre du Pacte Logement	1 036 675,00 €
Participation des riverains aux frais de raccordement à la canalisation des eaux usées	500 000,00 €
Subside - Construction d'une Maison Relais temporaire / Life Long Learning Center	456 250,00 €

Taxes d'infrastructure - Logement	275 000,00 €
PAP - Indemnités compensatoires à payer par le lotisseur en application de l'article 34 de la loi modifiée du 19/07/2004	250 000,00 €
Subside pour la mise en état des chemins ruraux	190 000,00 €


Ausseruerdentlech Ausgabe sinn am Joer 2026 am Total fir 36,03 Milliounen € virgesinn. Dësen zolitten Investitiounsvolumen ass wichtig fir eis Gemeng. Ech soen dem 1. Schäffen a politesche Responsabele vun den technesche Servicer, **dem Här Roger Negri**, Merci fir de professionelle Suivi an déi gutt Expertise beim Ausschaffen a Begleede vun dëse Projeten.

Fir 2026 sinn ënner anerem folgend Projete virgesinn:

Objet	Montant
Construction d'une nouvelle école avec Maison Relais à Capellen	8 000 000,00 €
SIDERO - Apport en capital	4 691 714,00 €
Extension de l'école de musique Kinneksbond Mamer	2 400 000,00 €
SICA - Apport en capital	2 069 118,00 €
Construction d'une piscine au Campus Kinneksbond à Mamer	1 650 000,00 €
Construction d'un immeuble au coin rue du Millénaire/rue de l'école à Mamer (SNHBM - PAP Millénaire)	1 425 000,00 €
Remise en état du bâtiment „Wëllebau“ à Mamer	1 000 000,00 €
Réaménagement de la centrale de cogénération à Mamer	1 000 000,00 €
Réfection du trottoir des maisons 75-119 route d'Arlon à Capellen (côté gauche)	1 000 000,00 €
Travaux d'infrastructures à Capellen dans la route d'Arlon en direction du Windhof (Phase II - côté Nord)	1 000 000,00 €
Construction d'une maison relais n°4 au Kinneksbond à Mamer	700 000,00 €
Aménagement d'un lave-vaisselle tunnel à avancement automatique et réaménagement des installations sanitaires dans la Maison Relais 2	700 000,00 €
Aménagement d'un lave-vaisselle à capot isolé et réaménagement des installations sanitaires dans le Précoce (rue Francois Trausch)	650 000,00 €
Installation de panneaux photovoltaïques au Kinneksbond	600 000,00 €
Primes de construction et de transformation à caractère écologique	500 000,00 €
Aménagement des espaces au rez-de-chaussée et au 3 ^{ème} étage du bâtiment „Millénaire“	500 000,00 €
Aménagement d'un réfectoire avec vestiaires	500 000,00 €
Construction d'une Maison Relais temporaire / Life Long Learning Center	300 000,00 €
Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale	300 000,00 €
Transformation du Mamer Schlass	300 000,00 €
Pacte Climat 2.0	250 000,00 €
Agrandissement de la capacité de production de la cuisine de la maison relais à Mamer	250 000,00 €
Renouvellement du revêtement synthétique du terrain n°3	250 000,00 €
Mise en place de deux abris de bus à hauteur du supermarché à Capellen	220 000,00 €
Transformation du revêtement du terrain de football N1 (terrain synthétique) et remplacement des mâts lumineux	200 000,00 €
Agrandissement de la capacité de production de la cuisine de la maison relais à Capellen	200 000,00 €
Modernisation du réseau des eaux usées (rue du Centre, rue Pierre Krier-Becker, rue du Commerce (partiellement))	200 000,00 €
Extension du Hall de Tennis à Capellen et du Restaurant	200 000,00 €
Remplacement et digitalisation de l'éclairage public (Phase 2)	200 000,00 €
Remplacement de l'éclairage intérieur et mise en norme des tableaux de régulation au Campus scolaire Kinneksbond	200 000,00 €

Aménagement de locaux pour archives et bureaux au rez-de-chaussée du service technique	200 000,00 €
Construction d'une cuve d'eau potable au Windhof sur le territoire de la commune de Koerich	200 000,00 €
Réalisation de vestiaires supplémentaires au terrain de football I	200 000,00 €
Démolition de la maison paroissiale de Mamer (rue des Maximins)	175 000,00 €
Remise en état du bâtiment René Federspiel pour les besoins du club senior „Clubhaus am Brill“	150 000,00 €
Pacte Nature	150 000,00 €
Aménagement d'un chemin entre le lotissement Frounerbond et la rue Kitschenerwee	150 000,00 €
Réalisation d'une verrière près de la buvette du terrain de football n°2	150 000,00 €
Acquisition de véhicules et d'équipements automoteurs	120 000,00 €
Acquisition et remplacement des jeux sur les aires de jeux	100 000,00 €
Remise en état des aires de jeux au Campus Kinneksbond à Mamer	100 000,00 €
Établissement d'une étude de circulation et d'urbanisme	100 000,00 €
Contrat d'urbanisme avec révision P.A.G.	100 000,00 €
Améliorations ponctuelles au Campus scolaire à Capellen	100 000,00 €
Remplacement des vannes de section des conduites d'eau et suppression des regards à Mamer et Capellen	100 000,00 €
Démolition de la Maison 20 rue du Marché avec Extension du Parking „Schungeschten“	100 000,00 €
Aménagement d'une piste cyclable entre la rue des Jardins et la rte de Dippach	100 000,00 €
Mesures ponctuelles de la sécurité et de la mobilité	100 000,00 €
Améliorations ponctuelles des bâtiments scolaire du Campus scolaire Kinneksbond	100 000,00 €
Renouvellement de la conduite d'eau potable - route de Mamer à Holzem	100 000,00 €
Étude - Analyse de cartes des pluies torrentielles sur le territoire de la commune de Mamer	100 000,00 €
Réfection des couches de roulement des rues et des trottoirs de la commune	100 000,00 €
Démontage de l'ancienne centrale de cogénération et travaux d'adaptation du réseau	100 000,00 €
Remise en état partiel du CIPA 1	100 000,00 €
Remise en état partielle du Centre Culturel Kinneksbond (foyer)	100 000,00 €

Budget extraordinaire - Évolution des dépenses et des recettes



Ech géif all dës Projete folgendermoossen ënnerdeelen:

1. Schoul, Kanner a Betreung: 15 Milliounen €
2. Logement a sozial Infrastrukturen: 2,17 Milliounen €
3. Energie, Klima an Ëmwelt: 2,87 Milliounen €
4. Mobilitéit, Verkéier a Sécherheet: 2,79 Milliounen €
5. Sport, Kultur a Veräinsliewen: 1,45 Milliounen €
6. Patrimoine, Quartieren a Gemengeliewen: 1,62 Milliounen €

Zesummen ons Gemeng gestalten

Wéi beim leschte Budget ugekënnegt, **gouf de Budget participatif also de Biergerhaushalt lancéiert**. Bei dëser éischter Editioun goufen zwee Biergerprojeten zréckbehalen: eng **Hondswiss**, déi an de Parc Brill kënnt, an en **Afficheur** um Busarrêt „Hiereknapp“ op der Cap.

Och an der Schoul gouf et ee Budget participatif. De Schafferot ass houfreg, datt d’Kanner d’Initiativ ergraff hunn, fir hire Schoulalldag zesumme mat der Gemeng ze gestalten. Zréckbehale gouf: de Bau vun enger Klunsch, d’Uschafe vu spezifeschem Spillmaterial fir d’Paus an eng „Babbelbänk“, déi d’Kanner invitéiert, mateneen a Kontakt ze kommen.

D’Report-it Funktioun an der CityApp gëtt vun eise Bierger aktiv genotzt. Vill kleng Schied goufe gemellt an halen eis Servicer op Trapp. **Hoplr-App** gouf viru kuerzem lancéiert an erméiglecht en Austausch tëscht de Bierger an eiser Gemeng.

D’Klimateam huet am Juni dëst Joer **e Biergerforum** zum Thema „Selwer Stroum maachen a verwalten“ organiséiert. 25 Persounen hunn deelgeholl.

Am Kader vum **Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen** gouf den „Atelier citoyen“ ënnert dem Numm „Diversity Brunch“ organiséiert. 120 Bierger ware bedeelegt. Hei goufen Iddien ausgetosch, wéi mir d’Zesummeliewen an eiser Gemeng nach méi inklusiv an nohaltegestalte kënnen.

Esou schafe mir **Plattformen wou eis Awunner eng aktiv Roll** spillen – wou si sech abréngen, matbestëmmen a matgestalten.

All dës Experienze wäerte weidergefouert, respektiv ausgebaut ginn.

Zesumme fir eng lieweg Gemeng

Ënnert der Responsabilitéit vum Kulturschaffen, **dem Här Ed Buchette**, hale mir un enger **ofwiesslungsräicher Kultur- a Fräizäitoffer** fest: Fête de la musique, Summerfestival am Brill, Holzemer Duerffest, Capellener Festival, Nopeschfest, Europadag, Nuit des Sports, asw.

D’Winter Moments hunn dëse Weekend hir Dieren opgemaach.

D’Äispist ass méi grouss. Dat bréngt méi Sécherheet bei deene ville Visiteuren. Dëschdes an donneschdes als Pilotprojet exklusiv jeeeweils 1 Stonn fir Kanner bis 8 Joer reservéiert.

Am **Haff vum Schloss een neie Chalet**: 160 Sëtzplazen, oftrennbar, alles op engem Niveau: Dat Gantz a **flotter Zesummenaarbecht mat de Veräiner**.

D’Preparatiounen fir dat nächst Joer lafen op Héichtouren.

Ee **kuerzweilige Summerprogramm**: mat Highlighten ewéi dem Vëloschampionnat am Juni, dem Public Viewing vun der Weltmeeschterschaft fir eis Fussball-Begeeschtert an enger grousser Auswiel u Concerten zu Mamer, op der Cap an zu Holzem.

Fir all dës kulturell a sozial Aktivitéiten an eiser Gemeng op engem héichwäertegen Niveau ze erhalen, sinn am Budget ronn 1,6 Milliounen € virgesinn.

An enker Zesummenaarbecht mat eise Veräiner: fir eng lieweg Gemeng déi d’Bierger zesummebréngt.

Course fir Grouss a Kleng

A punkto Coursen, setzt eis Gemeng och an Zukunft op eng breet an héichwäerteg Offer. Fir d’Saison 2025/2026 ginn am ganzen **79 Coursen ugebueden**. Fir dat éischt Semester ziele mir schonn iwwer 1.300 Aschreiwungen. Am zweete Semester kommen nach 13 weider Coursen dobäi. Dëst mat neien Ateliereen ewéi der Création de Bandes dessinées, Fineliners an Éveil aux arts. Och d’Kanner kënnen vun neie Yoga-Workshopen profitieren.

Schwammkursen an eiser neier Schwämm hunn e grouse Succès a wäerten déi nächst Joren der Demande ugepasst ginn.

Eise Bierger steet och eng breet Auswiel u Sproochkursen zur Verfügung – vu Lëtzebuergesch, Englesch, Franséisch, Italieenesch a Spuenesch, bis hin zu engem Gebäerdesproochkurs op Däitsch.

Fir d'Kanner gëtt weiderhin e Chineeseschkurs ugebueden, deen hinnen och en oppene Bléck op aner Kulturen erméigleche soll.

Kuerz gesot : Et ass fir jiddereen eppes dobäi!

Käschtepunkt - ronn 200.000 €.

Fir eis kleng Matbierger

Eis Gemeng bleibt mat grousem Engagement dobäi, déi **allerklengst Matbierger an hir Familljen** ze ënnerstëtzen.

Eng wichteg Stäip bleibt d'Zesummenaarbecht mat der a.s.b.l. Mameranus, déi mat der Kannerstuf op der Cap an der Huesestuf zu Holzem eng ganz wichteg Aarbecht mécht. Mir wäerten dat nächst Joer éischt Iwwerleeunge féiere fir d'Schafe vun enger zousätzlecher konventionéierter Crèche fir 30 bis 40 Kanner.

Den traditionelle **Pampers-Subsid** bleibt eng gefroten Offer: dëst Joer si 43 Demanden agereecht ginn.

Besounnesch frou si mir, datt eis Schwämm och deenen Allerjéngsten zegutt kennt. An de **Babyschwammcourse** kënnen Bëbeeën téschent 3 a 16 Méint, zesumme mat hiren Elteren, déi éischt sécher Erfarunge mam Waasser maachen. D'Course sinn innerhalb vu Sekonnen ausgebucht.

Fir eis Schoulkanner

D'Kanner an hir Zukunftsperspektive bleiwen eng **zentral Prioritéit** vun dësem Schäfferot.

D'Maison Relais an den **Enseignement Fondamental** representéieren duerfir och 2026 eng ganz bedeutend Positioun am Budget:

- ronn **7,4 Milliounen €** am ordinäre Budget – dat sinn **13,63 %** vun de Gesamtdépendenzen;
- an nach emol **10,95 Milliounen €** am Budget extraordinäre.

Dëst deckt net nëmmen **d'Personal- an d'Fonctionnementskäschte vun de Schoulen an der Maison Relais** of, mee ëmfaasst och de Schoultransport, d'Léiermaterial, Aktivitéiten an Ausflich, oder d'Participatioun un d'Arcus fir d' Gestiou vun der Maison Relais.

Fir de **Schoultransport** an der Gemeng – fir eis lokal Schoulen a fir d'Europaschoul – si ronn 900.000 € virgesinn. Zousätzlech kommen dann nach d'Käschte fir de Pedibus derbäi: 430.000 €.

Am Kontext vum Wuesstum – haaptsächlech bedéngt duerch de Lotissement um Wéltgebond – mussen eis **Strukture konsequent ugepasst ginn**.

Drei Projeten, déi virun 2 Sitzunge gestëmmt goufen, wäerten an de kommende Méint ëmgesat ginn an droen dozou bäi, d'Kapazitéiten an d'Qualitéit vun eisen Infrastrukturen nohalteg ze stäerken:

- **350.000 €** fir d'Erhéijung vun der lessensproduktioun an der Maison Relais zu Mamer;
- **700.000 €** fir eng modern Duerchlaf-Spullmaschinn an d'Reamenagement vun de sanitäre Raimlechkeeten an der Maison Relais 2;
- **600.000 €** fir d'Moderniséierung vum Precoce-Gebai (Kichen a Sanitär), fir eng duebel Notzung duerch Precoce a Maison Relais ze erméiglechen.

E weidere wichtige Pilier an dësem Beräich ass de **Bau vun der neier Schoul mat Maison Relais op der Cap** – dee gréisste Bildungsinvestissement vun de kommende Joren an eiser Gemeng. De Projet, mat engem Devis vu **15,5 Milliounen €**, ass am Abrëll 2025 offiziell ugelaaf. Fir d'Joer 2026 stinn hei 8 Milliounen € am Budget.

No der Fäerdegstellung wäert dës nei Infrastruktur eng Kapazitéit fir 224 Kanner ubidden, dovunner **144 Plazen an der Maison Relais** an zousätzlech ronn **80 Plaze fir Schoulkanner**.

Fir d'Iwwergangszäit gouf de Centre culturel op der Cap am Summer 2025 fir **300.000 €** zu enger Annex vun der Maison Relais ëmgebaut.

Op der Cap wäerten ab dem nächste Januar 316 Kanner an der Schoul sinn. Zu Mamer 537. Tendenz steigend.

Duerfir plange mir och eng **4. Maison Relais um Site vum Campus Kinneksbond**. Heifir stinn am Budget fir dat nächst Joer **700.000 €**. Ee prioritäre Projet fir de Schännerot. Dowéinst gëtt intensiv un der Planung geschafft.

D'Piscine um Kinneksbond: hei profitéieren all Joer **1.100 Kanner** aus Mamer, Cap, Holzem awer och vun der Gemeng Kielen vum Schwammunterricht.

D'Bëschschoul op der Drëps: eng weider wichteg Neierung. All Woch profitéieren e puer Klasse vun dëser naturnoer Léierwelt.

Och 2026 ginn **d'Ausflich an d'Kolonie** weidergefouert: eng Wanterkolonie an de Schnéi an eng Summerkolonie als *Adventure* Vakanz. Eng wichteg, eng flott Erfahrung fir eis Kanner. Käschtepunkt: 236.500 €.

Am Kader vum **Schoulentwécklungsplang** investéiere mir gezielt:

- a Material fir Kanner à *besoins spécifiques* ;
- an digital Kompetenzen (iPads, 3D-Drucker, spezifescht Léiermaterial);
- an nohalteg Projeten, ewéi z. B. de *Vivarium*.

Och dat gehéiert zu moderne Schoulinfrastrukturen. Och dat gehéiert zu enger Gemeng fir jiddereen.

Déi nei Museksschoul – den Auditoire ass fäerdeg – erméiglecht de Museksbegeescherte beschtméiglech Konditiounen: fir d'Joer 2025/2026 ziele mir **999 Aschreiwungen** – dat entsprécht **633 Schüler**. Eng Stonn Museksunterricht beleeft sech fir dat nächst Schouljoer op 6.912,53 €.

D'Participatioun un d'UGDA beleeft sech fir 2026 op **2,45 Milliounen €**. Vum Staat kréie mir ee Subsid vu ronn **1,4 Milliounen €**.

All dës Investisementer – vu Schouklasse iwwer Maisons Relais, bis hin zu Schwämm, Musekschoul a pädagogesch Projeten – sti fir **eng modern**, fir **eng nohalteg**, fir **eng zukunftsorientéiert**, fir **eng qualitativ héichwärtig** Kanner- a Schoulpolitik.

Fir eis Jugend

Eist **Jugendhaus** schléit mat ronn 230.000 € zu Buch. Hei gi flott Projete gebuer. Den *Charity Run* dëst Joer ass ee Beispill. Hei gëtt de **Mateneen vun de Jugendleche** gelieft. Nei derbäi kënn de Leasing vun engem Minibus: – 80 % vun de Käschten iwwerhuele mir an 20 % gi vun der Gemeng Garnech iwwerholl.

Mobilitéit am jonken Alter ass wichteg: mir ënnerstëtzen de Kaf vun engem Interrail Pass weiderhi mat bis zu 90 %.

D'Primm fir déi Jonk déi hiert Schouljoer gepackt hunn dréit mat 150.000 € zu Buch. Bis elo goufen am Joer 2025 935 Primmen ausbezuel.

De **Service Youth & Work**, bleift eng wichteg Offer fir Jonker tëscht 16 an 29 Joer a vulnerabele Situatiounen. Hei heescht et Perspektive schafen.

E grouse Succès war och **den éischten Open-Air Kino** am Parc Brill, organiséiert vun der Jugendkommissioun. „Mamma Mia“ a „Lion King“ hu vill Jonker a Familljen ugezunn. Ech géif d'Jugendkommissioun duerfir encouragéieren déi Experienz weiderzeféieren.

Fir eis Senioren

D'Ouverture – viraussichtlech am 1. Trimester 2026 – vun de **Logements encadrés** nieft dem besteeënde „CIPA“ zu Mamer ass ee wichtege Projet fir eis Senioren. Am Total 20 Logementer fir 30 Leit. Prioritär fir d'Awunner aus der Gemeng.

D'Konventioun mat der **a.s.b.l. Aarbechtshëllef** erméiglecht Senioren iwwer 70 Joer eng gezielt a gratis Ënnerstëtzung am Alldag – beim Schnéischëppen oder Hecke schneiden. Fir Senioren iwwer 65 Joer gëtt et zousätzlech de Subside vu maximal **250 €** pro Joer fir privat Dénsgchter an dësem Beräich. Dat Ganzt mat engem virdeelhaften Tarif iwwert d'a.s.b.l.

D'Gemeng ënnerstëtzt och weiderhi finanziell d'Uschafe vum Service „Appel-Assistance Externe“(télé-alarme) an iwwerhëlt hei 24 € de Mount. Am Joer 2025 goufe 16 Installatiounen duerchgefouert.

Fir de Service **lessen op Rieder** sinn am Budget 2026 140.500 € virgesinn.

D'„**Clubhaus am Brill**“ eise **Club Senior**: hei sinn dat lescht Joer 61 Coursen, 60 Atelier an 12 Konferenzen a Virträg fir 823 Leit organiséiert ginn.

Uganks vum Joer hu mir een Devis vun 300.000 € fir d'Sanéierung vum Gebai René Federspiel ugeholl. Mir krute positiv Echoe vun de Responsabelen. Si hunn eng Demande gemaach, fir och de Keller kënnen ze amenagéieren, fir nach méi Aktivitéiten op der Plaz selwer kënnen ze organiséieren.

Eis **Familljen- an Drëttalterskommissioun** organiséiert vill flott Aktivitéiten: Thé dansant, Seniorefeier, Talentshow, interessant Ausfluch. D'Enveloppe fir dës Aktivitéite beleeft sech 2026 op **71.500 €**.

E weidere wichtege Projet – **de Service Super Senior** oder „Erfahrung meets school“. Eis Senioren hëllefen de Schoulkanner ausserhalb vun de Schoulstonnen. Tëscht Mäerz an Oktober 2025 waren 8 aktiv Senioren am Asaz an hunn am Ganze 17 Kanner begleet: Insgesamt 290 Stonnen Nohëllef.

De **Service Senior Plus** - ee Service an Zesummenaarbecht mat der Stëftung Hëllef Doheem. Dëse Service bitt eelere Leit eng individuell Betreierung a Begleedung, fir hinnen esou laang wéi méiglech doheem ee selbststännegt Liewen ze erméiglechen. Fir ee Bilan ass et nach ze fréi, mä sécherlech eng interessant Offer fir d'Autonomie och am Alter.

E **Guide fir eis Seniore** mat all dëse Servicer an de wichtege Ulafstellen um nationalen a kommunale Plang wäert deemnächst verdeelt ginn.

Eng Ënnerstëtzung fir all Liewenssituatioun

Ënnert der Responsabilitéit vun eiser Sozialschäffin, der **Madamm Francine Cloener**, bitt d'Maison Citoyenne de Bierger eng breet Pallett u Servicer an Aktivitéiten un.

Aktivitéite wéi de *Fairtrade Breakfast*, Aktiounen ronderëm de Weltfraendag, den *Diversity Brunch*, d'Inklusivonsfest, den Europadag oder den Charity Run droen dozou bäi, eng **inklusiv a solidaresch Gemeng** ze stäerken.

Servicer wéi *BabyPlus*, den *Écrivain public* an de *Youth & Work* iwwerhuelen an deem Kontext eng weesentlech Aufgab.

Fir d'Fonktionement vun **der Maison Citoyenne** si ronn **450.000 €** am Budget 2026 virgesinn. D'Chancëgläichheets-, d'Inklusivons- an d'Vivre-ensemble-Kommissioun steieren nach eemol ronn **72.000 €** bäi.

D'Allocation de vie chère also **Deierungszoulag**: all Persoun, déi an eiser Gemeng wunnt an op der Lëscht vum *Fonds national de solidarité* steet, wäert dës kommunal Hëllef ab 2026 automatesch ausbezuelte kréien. De Schäfferot proposéiert, de Complément vun der Gemeng op **35 %** vun der staatlecher Allocation ze erhéijen, mat engem Plaffong vun **1.100 €** pro Joer. Duerfir ass e Kredit vun **220.000 €** virgesinn – ee Plus vun **170.000 €** am Verglach mam Kont 2024.

Den **Office social commun** ënnerstëtze mir dat nächst Joer mat 214.575 €. Am Joer 2025 hu bis elo 130 Leit vu Mamer eng oder mei Demandë beim Office social gestallt. 498 Hëllef goufen iwwert den Office social accordéiert.

Sport- a Fräizäitinfrastrukturen

Am Beräich **Sport- a Fräizäitinfrastrukturen** hu mir uerdentlech Ausgaben an Héicht vun **2,6 Milliounen €** virgesinn – ronn **4,8 %** vun de Gesamtausgaben.

Heimat droe mir och der gudder Jugendarbecht Rechnung, déi an eise Veräiner gelescht gëtt. Si brénge Liewen an eis Gemeng, Si féiere Leit zesummen. Nopere ginn zu Teamkolleegen.

Mat ronn 230.000 € bleiwen eis **Veräinssubsidien** op engem ganz héijen Niveau. Besonnesch de professionellen Encadrement gëtt hei ënnerstëtzt.

Eis Sportsinfrastrukture wäerten – do wou et néideg ass - weider moderniséiert ginn.

Um **Hauptterrain** vum Fussball gouf am Laf vum Joer een neie syntheteesche Belag geluecht: Gesamtkäschte vun **1,9 Milliounen €**. Doduerch kënnen méi Ekippen op dësem Terrain trainéieren.

D'Luuchte goufen och ersat, fir d'Ufuerderunge vun der FLF Rechnung ze droen. E Käschtepunkt fir d'Gemeng an Héicht vun **900.000 €**. Se liichte bal bis op de Mound.

Längerfristeg wäerte mir och nei Vestiairë fir de Fussball plangen.

Um Terrain n°2 gëtt en **Iwwerdaach** geschaf, wou d'Leit sech bei schlechtem Wieder kennen ënnerstellen. Heifir stinn eng 200.000 € am Budget.

Beim **Verkéiersgaart op der Cap**, wou d'Kanner d'Verhaltensregelen op der Strooss léieren, ginn d'Luuchten erneiert. Heifir si 50.000 € virgesinn.

Dëst Joer ass den 19. September **d'Schwämm fir de Public** opgaangen. Bis elo goufe 777 Entréeskaarten ausgestellt a 586 Entréeë verbucht. D'Fonctionnementskäschte bei der Schwämm stinn am Budget mat ronn **940.000 €**.

Dem **Mamer Schachclub** – eng success story – goufen nei Raimlechkeeten an der Musekschoul zur Verfügung gestallt.

D'Brasserie Wëllebau huet dëst Joer hir Dieren opgemaach. Dësen historesche Bau huet d'Gemeng 2018 vun der Harmonie fir 524.000 € ofkaf, a gouf laut Devis fir 9,76 Milliounen € integral restauréiert a moderniséiert. Ee weideren Treffpunkt an eiser Gemeng. **Ee Stéck Mamer Geschicht. Patrimoine a Géigewaart, modern kombinéiert.**

D'Millénaire Gebäi

Nieft den 19 Wunnengen, déi hoffentlech geschwë fäerdeg gestallt sinn, entsteet hei een **öffentlechen ënnerierdesche Parking** mat ronn 130 Parkplazen.

D'Iddi – eng **sécher an iwwerdeckt Parkméiglechkeet** am Duerfkär: déi éischt 3 Stonne si gratis, duerno kascht d'Stonn 3 €. De Gemengerot wäert mat engem Reglement saiséiert ginn.

Fir de **Rez-de-chaussée an den 3. Stack** maache mir zäitno eng Maachbarkeetssetüd.

Um Rez-de-chaussée sinn 3 Funktiounen envisagéiert:

Éischtens: de Café intégratif vun der Maison citoyenne. Zweetens: eng Epicerie sociale – déi mir dem Office social an der Croix-Rouge proposéieren. Drëttens: polyvalent Räum fir d'Gemengeservicer mat Säll fir Büroen, Coursen a Reuniounen.

Um drëtte Stack:

Op enger Nettofläch vun ongeféier 200 m² sollen – no enger Raumanalys – modern Büroen amenagéiert ginn, wa méiglech, fir de Service Technique an den Ëmwelt- an Urbanismusservice.

Natur- a Klimaschutz, Energieeffizienz a Mobilité douce

Eng primär Missioun vun der Gemeng: **d'Waasserversuergung, Ofwaasser an Offall**. Dës schloen am ordinäre Budget mat 8,2 Milliounen € zu Buch (15,06 % vum Budget). Am Extraordinaire si 7,5 Milliounen € virgesinn:

- fir **d'Kläranlag**: 4,69 Milliounen €;
- fir de **Ressourcenzentrum vum SICA**: 2 Milliounen €.

Ewéi am Gesetz virgesinn, sollen dës Servicer käschtedeckend verrechent ginn. Duerfir proposéiert de Schännerot dem Gemengerot eng Revisioun vun den Taxen op Basis vun enger Käschteberechnung.

Am **Kader vum Klimapakt** hu mir, a wäerte mir, och weiderhin eng ganz Rei Investissementer a Moosnamen an de Beräicher Energie, Mobilitéit, Offall a Biergersensibiliséierung ëmsetzen.

Dozou zielen:

- déi **nei Cogeneratiounsanlage** mat enger Wärmeproduktioun vu **6,1 Milliounen kWh** pro Joer an enger CO₂-Aspuerung vu ronn **2.200 t**.
- déi **massiv Installatioun vu Photovoltaikanlagen** (3.700 Moduller), mat enger Produktiounskapazitéit vun 1.400 kWc – bis de 26. November dëst Joer goufe ronn 1.200.000 kWh produzéiert – elo scho méi wéi dat duebelt ewéi am Joer 2024.

D'Auto-consommation - also den Deel vum Stroum, deen direkt vun de Gebaier selwer benotzt gëtt – läit aktuell bei ronn 35 %.

Ab 2026 wäert den Iwwerschoss vun der Stroumproduktioun net méi an d'Netz agespeist ginn, mee op aner kommunal Site verdeelt ginn. Doduerch méi Autonomie. Positiv fir de Budget – well de Stroum am Akaf méi deier ass ewéi de Präis vum Stroum, deen an de Réseau agespeist gëtt.

Den **Ausbau** vun eise Photovoltaikanlage **geet weider. Käschtepunkt: 600.000 € am nächste Joer.**

- d'**Energiecomptabilitéit** gouf agefouert. Fir de Verbrauch ze moossen a geziilt ze optimiséieren.

- d'Ëmstellung vun der ëffentlecher Beliichtung op LED an d'Digitaliséierung vun iwwer **300 Liichtpunkten – iwwert Distanz dimmen a programméieren**: 50.000 € am Joer 2025. 200.000 € am Joer 2026.
- de **Vel'OH! System** mat 14 Statiounen an 140 Vëloen, ronn **60.000 Trajeten** d'Joer: ee Gesamtinvest vun **800.000 €**. Joreskäschte vu ronn **185.000 €**.
- de **Flex Carsharing** mat aktuell 6 Statiounen: 7 Autoen a 4 Camionnetten, bal **58.000 km** am Joer 2024, 478 aktiv Notzer. Zwou weider Statioune sollen an den nächste Joren derbäikommen a méiglech Standuerter gi gepréift. Käschtépunkt pro Statioun fir d'Gemeng: 10.000 €.
- déi **35 E-Luedbornen** op Gemengegebitt. Weider Borne kommen engersäits an de Millénaireparking an anerersäits duerch d'Gemeng verdeelt op verschidde Sitten. Ugeduecht ass d'Cité Gewännchen, de Parc des Sports et des Loisirs op der Cap, zu Holzem an der rue Hélène Fournelle, zu Mamer an der Cité Edemer, um Parking Kinneksbond, um Parking Schungeschten, um Parking an der rue Mont-Royal an um Parking beim CIPA.
- dat staarkt **Engagement fir d'Nuetsmobilitéit**: de Late Night Bus mat 2 Hauptlinnen (Holzem-Clausen, Stengefort-Clausen), speziell Navetten, den Night Rider mat ronn 540 Faarten d'Joer an de Ruffbus mat ronn 7.000 Faarten. Gesamtkäschtépunkt vun iwwer **480.000 €** am Joer.
- de **Foussgängerleitsystem**, deen d'Leit duerch d'Gemeng guidéiert. Kredit 2026 vun: 80.000 €.
- **d'Subside fir d'Elektromobilitéit** – jeeeweils 60.000 € am Joer 2025 an 2026.
- **d'Subside fir Photovoltaikanlagen** a Sanéierung: no 237.000 € am Kont 2024 eng Verdueblung mat jeeeweils 500.000 € fir 2025 an 2026.

Duerch eng Rei Sensibiliséierungsaktiounen, Workshoppen, Fairtrade-Aktiounen, Schoulprojeten, Broschüren, Repaircafé (73 Objeten eleng beim leschte Repaircafé), Staudenaktioun – ginn d'Bierger aktiv mat an d'Transitioun agebonnen.

Beim Klimapakt huet d'Gemeng eng Zertifizéierung vun 68 % erreicht – bal 11 % méi wéi 2022. Mir wëllen awer weider klammen. Duerfir si fir 2026 ënner anerem virgesinn:

- strateegesch Konzepter a Managementinstrumenter an de Beräicher Energie, Mobilitéit an Digitaliséierung;
- weider Energieeffizienzmoosnamen an de Gemengegebaier;
- Moosname fir eng effizient Waassernotzung;
- Weiderentwécklung vun der duusser Mobilitéit (Vëlo, Foussgänger, Leitsystem);
- Verbesserung beim Offallmanagement.

Beim **Naturpakt** setzt d'Gemeng konkret Moosnamen ëm, fir den Ëmweltschutz an d'Biodiversitéit ze fërderen a fir déi natierlech Ressourcen effizient ze notzen.

Vill vun deene **Moosname ginn an Zesummenaarbecht mam SICONA koordinéiert**. Hei goufen z.B Insektenhoteller, Villerchers- a Kéiseckerhäiser opgestallt.

Dernieft goufe **verschidde Blummewisen a Bongerten** ugeluecht, an duerch d'Planze vu Beem konnt zousätzlech Liewensraum fir Déiere geschaf ginn.

Am **Parc Brill gouf e Mikrobësch vun 300 m² ugeluecht**: 900 Beem, Sträich an Hecken.

Bierger, op grouss oder kleng, gi mat agebonnen. Um Kinneksbond gouf ee **Gemeinschaftsgaart** ugeluecht. E weidere Gaart ass am **PAP Wëltgebond** virgesinn. Bei eise Schoule ginn et **pädagogesch Schoulgäert**. D'Aktioun „Gielt Band“ animéiert d'Leit derzou an ons Bongerten ze goen, fir vum Uebst ze profitéieren.

Beim Naturpakt hu mir zanter 2024 eng **Zertifizéierung vu 54,29 %**. Hei ass et e Plus vu bal 6% par rapport zu 2023.

Fir 2026 gouf mam **SICONA** ee Programm mat engem Volume vu **ronn 500.000 €** opgestallt. Dozou zielt:

- d'Uleeë vu Biotopen a Fiichtgebiddere, Blummewisen a Bongerten;
- d'Planze vu Beem;
- d'Ënnerstëtzung vu Fauna a Flora mat nektarräiche Planzen, mat Amenagementer fir Päiperleken, mat der Installatioun vu Këschte fir verschidde Vullenaarten a Fliedermäis an der Installatioun vun engem Biodiversitéitstuerm;
- vill Natur- a Sensibiliséierungsprojeten an de Schoulen.

Zousätzlech **ënnerstëtzt d’Gemeng extern Acteuren** – ewéi d’Lëtzebuerger Klimabündnis, de Fairtrade an aner Organisatiounen. Den Detail vun de Subsidien an Héicht vun 90.000 € fannt Dir heizou am Budget.

De Schäfferot prüft och nei Weeër: eng méiglech Wandmille beim „Juckelsbësch“ (étude de faisabilité: **50.000 €** fir eventuell Käschten ze iwwerhuelen) an en Agroforesterie-Projet (**10.000 €**) zesumme mat de staatlechen Instanzen an dem Fierschter: Konditioun: Mir brauchen ee Landwirt, dee fräiwëlleg matmécht.

Am Budget si fir de Klimapakt direkt Ausgabe vun 250.000 € fir d’Joren 2025 an 2026 virgesinn.

Beim Naturpakt sinn et der 150.000 € fir 2025 an 2026.

Et ass awer och esou, datt een **d’Ausgabe vum Klima- an Naturpakt net kann op déi 2 Artikelen begrenzen**. Klimapakt an Naturpakt sinn an deem Sënn **rigid Instrumenter** well se virginn, wéi eng Moosnamen ugerechent ginn.

Vill **Investier**, déi mir iwwert déi lescht Jore geleescht hunn – Moosnamen, déi en direkten Impakt op d’Natur oder de Klima hunn – **ginn eis net ugerechent**. Géife mir eis an eng reng kommunikativ politesch Logik Beginn, géife mir dës Moosnamen net maachen, mä mir géife virun allem Etüden, Konzepter, Sensibiliséierung a Kommunikatioun maachen. Mir géifen eise Kredit, deen direkt dem Klimapakt ugerechent gëtt, kënschtlech opblösen.

Sou géife mir vill Punkte kréien - fir d’Natur an de Klima hätte mir awer manner gemaach.

Hei kann een als Beispill de kontinuéierlechen Ausbau vun eise PV-Anlagen ernimmen. Oder de massiven Invest an d’Cogeneratiounsanlage – jo, deen huet eis e puer Punkten abruucht. An awer séier wéineg fir de Gesamtvolum vum Invest. An awer wichteg fir de Klima.

Demieft ginn et och eng Rei spezifesch Artikelen am Budget wou Depensé verbucht ginn, déi och eng ekologesch Vocatioun hunn. Dowéinst huet de Schäfferot eisen Ëmweltservice chargéiert e Relevé auszeschaffen, deen Dir och am Budgetsossier virfannt. Hei gesitt Dir, datt mir fir 2026 Gesamtausgaben, déi e Lien zum Klimapakt hu, vu ronn 8 Milliounen € virgesinn hunn.

D’Personal vun der Gemeng

Ouni qualifizéiert an engagéiert Mataarbechter kënnen d’Decisiounen vum Schaffen- a Gemengerot net ëmgesat ginn.

Op den 31. Dezember 2025 sinn insgesamt 127 Persoune bei der Gemeng ugestallt: 48 Gemengenaarbechter, 38 Fonctionnaires, 17 Gemengenemployéeën an 24 Salariés à tâche intellectuelle, déi haaptsächlech am Schoultransport affektéiert sinn. Dës maachen 107,73 ETP (équivalent temps plein) aus.


Fir 2026 sollen, nieft den Departemen, de Retouren aus de Congés parentaux an de Posten, déi net besat goufen, agestallt ginn:

- een neie Mataarbechter am Gemengesekretariat;
- een neie Mataarbechter am Service de l’Environnement, de l’Energie et de la Mobilité. Dëse soll e.a. konzeptuell a kommunikatiounsaarbecht fir de Service gestallten am Kader vum Klima- an Naturpakt;
- een neie Mataarbechter an de Relations publiques.

Op den 31. Dezember 2026 rechne mir domadder, datt 137 Agenten op der Gemeng schaffen, déi zesummen 118,03 ETP ausmaachen.

Personalkäschte belafe sech 2026 op 13,5 Milliounen €. Am Tableau hei drënner, dee Personalkäschte vun 2024 – 2026 vergläicht, stellt ee fest, datt des Käschte relativ konstant bleiwen. Se maache 24,85 % vun den uerdentlechen Ausgaben an 19,48 % vun den uerdentlechen Einnamen aus.

Part des frais de personnel au budget des dépenses ordinaires



Évolution des frais de personnel	Compte 2024	Budget rectifié 2025	Budget initial 2026
Coordination administrative	3 449 641,03 €	3 720 000,00 €	4 005 500,00 €
Coordination technique	2 551 145,00 €	2 691 800,00 €	2 909 000,00 €
Services d'ordre	332 019,61 €	351 250,00 €	368 000,00 €
Égalité des chances	119 585,26 €	221 800,00 €	247 000,00 €
Enseignement	163 867,16 €	179 400,00 €	185 500,00 €
Salariés à tâche manuelle	4 274 051,90 €	4 475 078,00 €	4 726 431,50 €
Salariés à tâche intellectuelle	399 252,85 €	435 700,00 €	467 500,00 €
Piscine	253 328,55 €	383 322,00 €	471 618,50 €
Culturel	10 944,24 €	11 500,00 €	11 850,00 €
Étudiants	128 065,88 €	139 885,00 €	141 400,00 €
Emploi chômeurs	7 252,72 €	6 000,00 €	-
Autres frais de personnel	30 031,13 €	38 300,00 €	35 250,00 €
Autres dépenses ordinaires	35 887 217,52 €	39 608 608,75 €	41 032 986,43 €
Total	11 719 185,33 €	12 654 035,00 €	13 569 050,00 €
ETP	104,22	107,73	118,03
Variation en € par rapport à l'année précédente	967 856,20 €	934 849,67 €	915 015,00 €
Variation en % par rapport à l'année précédente	9,00 %	7,98 %	7,23 %
Ratio frais de personnel par rapport aux dépenses ordinaires	24,62 %	24,21 %	24,85 %
Ratio frais de personnel par rapport aux recettes ordinaires	18,08 %	19,12 %	19,48 %
Frais / ETP	112 446,61 €	117 460,64 €	114 962,72 €
Dépenses ordinaires	47 606 402,85 €	52 262 643,75 €	54 602 036,43 €
Recettes ordinaires	64 817 816,80 €	66 188 798,53 €	69 648 030,00 €

Conclusioun

Dir Dammen an Dir Hären,

Ofschléisse mécht de Budget 2026 mat engem **viraussichtleche Boni définitif vu 15,41 Milliounen €**.

Ee Budget sinn net nëmmen Zuelen, Tabellen a Grafiken. **Et ass d'Illustratioun vu wou d'Gemeng kënnt, wou d'Gemeng histeiert.**

Dëse Budget ass d'Weiderféierung vun deem, wat mir déi lescht Jore konsequent opgebaut hunn:

- eng Gemeng, wou **Kanner a Jonker** Plaz hunn, gefërdert ginn a sécher opwuessen;
- eng Gemeng, déi hire **Senioren** e Liewen an der Gesellschaft erméiglecht;
- eng Gemeng, déi sech hirer Verantwortung am Beräich **Klima, Natur an Nohaltegkeet** bewosst ass;
- eng Gemeng, fir déi de **Mateneen zielt**, de **Mateneen tëschent Generatiounen**, de **Mateneen tëschent Kulturen**, de Matenee mat deenen, deenen et net esou gutt geet.

Mir investéieren an d'Schoul, an d'Maison relais, an d'Schwämm, an d'Musekschoul, an eis Veräiner, an eis Infrastrukturen, an d'Mobilitéit an an d'Energiezukunft. **Dat maache mir, well mir iwwer muer eraus kucken.**

E Budget, dee just vun engem Joer op dat anert denkt, ass séier geschriwwen. Mä en hält och séier op.

Dëse Budget ass ee **Budget vun der Verantwortung**:

- **Verantwortung vis-à-vis vun de Steierzueler**, well mir mat engem staarke Boni ordinaire, engem erofgoenden Emprunt an engem drobare Käschniveau schaffen;
- **Verantwortung vis-à-vis vun de Bierger**, well mir do investéieren, wou et se wierklech betrëfft – an hirem Alldag, an hire Quartieren, an hire Schoulen, an hire Weeër an Treffpunkten;
- **Verantwortung vis-à-vis vun de kommende Generatiounen**, well mir hinnen eng Gemeng hannerloosse wëllen, déi net nëmme schéin, mee och nohalteg ass.

Ech soen der ganzer Verwaltung, de verschiddene Servicer an dem techneschen Déngscht op dëser Stell e grouse Merci fir hir Zesummenaarbecht iwwert dat ganz Joer. Och si hunn dozou bäigedroen, datt ons Ausgaben an engem gesonde Mooss bliwwe sinn.

Ee spezielle Merci dem Nico Bontemps, deen dem Schäfferot mat Wëssen a fachlecher Kompetenz zur Säit steet. Hien ass Gemengesekretär, mä virun allem Beroder vum Schäfferot a Coordinateur vu Servicer déi all Joer wuessen. Tâchen déi den Nico mat vill Kompetenz ausféiert.

Een zweete spezielle Merci un d'Kollegen aus dem Schäfferot fir déi flott Zesummenaarbecht. Si féieren hir jeeuweileg Servicer mat Kompetenz an Iwwersiicht. Ouni des Ekippenaarbecht géife mir haut net do stoe wou mir stinn.

Merci un de Gemengerot fir déi gutt Zesummenaarbecht, interessant an evidenteweis heiansdo kontrovers Diskussiounen, awer ëmmer seriö Aarbecht am Interessi vun der Gemeng. Ech freeë mech op d'Diskussiounen iwwert dëse Budget.

Ech sinn der Meenung, datt mir als Schäfferot dem Gemengerot transparent an informativ Dokumenter virgeluecht hunn, déi eng objektiv a fundéiert Diskussioun vum Budget 2026 erméigleche missten. D'Diskussioun an de Vott si fir den 12. Dezember 2025 virgesinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

2. Stadtplanung und Raumordnung:

- a) Aufteilung von zwei Grundstücken in Mamer, 37, rue de la Libération, in vier Baugrundstücke (Artikel 29 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);

Zu Beginn des zweiten Tagesordnungspunktes wird Unterpunkt 2a wegen einer fehlerhaften Berechnung von der Tagesordnung genommen. Das Dossier wird zu einem späteren Zeitpunkt erneut vorgelegt.

- b) Abstimmung des Gemeinderats über eine punktuelle Änderung des grafischen Teils des Allgemeinen Bebauungsplans (PAG) der Gemeinde Mamer bezüglich der in Capellen gelegenen Grundstücke „Zolwerfeld IV“ (Artikel 14 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);
- c) Abstimmung des Gemeinderats über eine punktuelle Änderung des grafischen Teils des Teilbebauungsplans „bestehendes Viertel“ (PAP QE) der Gemeinde Mamer in Bezug auf Grundstücke in Capellen, „Zolwerfeld IV“ (Artikel 30 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004);

Gemeinearchitekt Patrick Wallers stellt die Unterpunkte 2b und 2c gemeinsam vor. Vorgesehen sind zwei punktuelle Änderungen des PAG und des PAP „bestehendes Viertel“ (PAP QE) für das Gebiet Zolwerfeld IV in Capellen.

Die PAG-Änderung betrifft eine Fläche von rund 4,4 Ar, die dem angrenzenden PAP „neues Viertel“ (PAP NQ) zugeordnet wird, um die Entwicklung des neuen Viertels besser zu strukturieren und mehrere großgewachsene Bäume zu erhalten. Die öffentliche Auslegung vom 2. Juni bis 11. Juli 2025 verlief ohne Einwände. Eine Umweltprüfung war nicht erforderlich, und die zuständige Raumplanungskommission gab am 5. November eine zustimmende Stellungnahme ab.

Der PAP QE wird entsprechend angepasst, unter anderem durch eine leichte Änderung des Leitplans (Schéma directeur). Auch hierzu liegt ein positiver Bescheid der Cellule d'évaluation vor.

Rätin Adèle Schaaf Haas (déi gréng) äußert Bedenken an der Reihenfolge der Prozeduren. Ihrer Ansicht nach darf ein PAP Nouveau Quartier erst dann in die öffentliche Prozedur gehen, wenn die entsprechende Änderung des PAG definitiv beschlossen ist.

Architekt Patrick Wallers entgegnet, dass ein paralleler Ablauf der Prozeduren zulässig ist, sofern im Dossier klar darauf hingewiesen wird, dass die PAG-Änderung noch nicht in Kraft ist. Der veröffentlichte PAP verweist ausdrücklich auf die laufende Modifikation, und eine Genehmigung des PAP setzt in jedem Fall die vorherige Annahme der PAG-Änderung voraus. Auch die Cellule d'évaluation stuft das Vorgehen als konform ein.

Bürgermeister Luc Feller (CSV) kündigt an, das Innenministerium schriftlich um Klärung zu bitten, um künftige Unklarheiten zu vermeiden. Zugleich unterstreicht er, dass das aktuelle Vorgehen rechtlich korrekt ist.

Die Änderungen des PAG und des PAP QE werden mit den Stimmen der Mehrheit angenommen, die drei Rätinnen von déi gréng enthalten sich.

- d) Beschluss über die Ausübung eines Vorkaufsrechts auf einer Parzelle in Mamer, eingetragen im Kataster der Gemeinde Mamer, Sektion B von Mamer-Sud, unter der Nr. 457/7765, im Flurname „Rue des Jardins“;

- e) Beschluss über die Ausübung eines Vorkaufsrechts auf eine Parzelle in Mamer, eingetragen im Kataster der Gemeinde Mamer, Sektion B von Mamer-Sud, unter der Nr. 457/7765, im Flurname „Rue des Jardins“.

Bürgermeister Luc Feller (CSV) informiert, dass der Schöffenrat empfiehlt, das Vorkaufsrecht für Grundstücke in der Rue des Jardins (Parzellen Nummer 457 7765 und 457 7766) in beiden Fällen nicht auszuüben.

Der Gemeinderat stimmt dem zu.

3. Genehmigung eines Dienstleistungsvertrags, der die Modalitäten für die Entwicklung und Unterstützung der Maison citoyenne pour l'Égalité et l'Inclusion.

Vorgesehen ist die Verlängerung des bestehenden Beratungsvertrags mit einem externen Experten für die Maison Citoyenne.

Schöffin Francine Closener (LSAP) erläutert, dass die Gemeinde seit Längerem fachlich bei der Umsetzung des Projekts im Rahmen des kommunalen Gleichstellungspakts begleitet wird, dessen Umfang weiter zunimmt. In der Maison Citoyenne ist inzwischen eine zweite Fachkraft tätig, was eine wichtige Verstärkung darstellt, angesichts der wachsenden Aufgaben jedoch nicht ausreicht.

Der Vertrag sieht vor, dass die Gemeinde weiterhin beratend unterstützt wird, insbesondere bei der Organisation und Auswertung von Workshops sowie bei der strategischen Planung künftiger Themenfelder.

Rätin Jessica Klopp (DP) unterstreicht den Mehrwert der Maison Citoyenne für die Gemeinde. Zugleich kritisiert sie die ihrer Meinung nach ungenügende Einbindung der Kommission für interkulturelles Zusammenleben und fragt ob der externe Berater zukünftig auch an den Kommissionssitzungen teilnehmen könne.

Schöffin Francine Closener (LSAP) erklärt, dass künftig verstärkt Mitarbeitende, nicht jedoch externe Berater, an den Sitzungen der Kommissionen für Interkulturelles Zusammenleben, Chancengleichheit und soziale Inklusion teilnehmen sollen. Weiter betonte sie, dass die Kommissionen bei zukünftigen Aktionen der Maison Citoyenne enger eingebunden werden sollen.

Der Vertrag mit dem externen Berater wird einstimmig verlängert.

4. Gemeindefinanzen: Genehmigung von Einnahmebelegen.

Der Gemeinderat befasst sich mit der Genehmigung mehrerer Einnahmebelege, die formell beschlossen werden müssen. Der Punkt wird einstimmig angenommen.

5. Gemeinsames Sozialamt in Mamer: Genehmigung des berichtigten Haushaltsplans 2025 und des ursprünglichen Haushaltsplans 2026.

Der Gemeinderat befasst sich mit dem berichtigten Haushalt 2025 und dem Haushaltsentwurf 2026 des Office social

commun. Bürgermeister Luc Feller begrüßt den Präsidenten des Sozialamts, Marcel Schmit, sowie den Sekretär Pierre Krier, die zur Vorstellung der Zahlen anwesend sind.

Pierre Krier erinnert in seiner Präsentation daran, dass das Sozialamt seit 2011 neben Mamer auch für die Gemeinden Bartringen, Dippach, Kehlen, Koerich, Leudelingen und Reckingen/Mess zuständig ist. Das Personal wird über eine Konvention mit der Croix Rouge gestellt. Insgesamt bearbeiten vier Sozialarbeiterinnen und zwei spezialisierte Assistenten für das REVIS-Gesetz die Anfragen. Im laufenden Jahr stammen allein 130 Dossiers aus der Gemeinde Mamer.

Im Überblick zeigt sich, dass die Zahl der betreuten Haushalte kontinuierlich steigt. Die Hilfe reicht von finanzieller Unterstützung über Wohnraumhilfe bis hin zu Lebensmittelhilfe. Der Haushalt 2025 weist Ausgaben von rund 2,8 Mio. Euro und Einnahmen von rund 2,9 Mio. Euro aus.

Die größten Posten sind Personalkosten sowie Hilfen in Form von Vorschüssen und direkten Unterstützungszahlungen. Die Finanzierung erfolgt hauptsächlich durch die beteiligten Gemeinden mit rund 50 Prozent und durch das Familienministerium mit ebenfalls rund 50 Prozent. Zusätzlich fließen jährlich Mittel aus der Oeuvre nationale de secours Grande Duchesse Charlotte in das Budget ein, die unter anderem die Épicerie sociale mitfinanziert.

Für 2026 rechnet das Sozialamt mit einem deutlichen Anstieg der Ausgaben auf rund 3,6 Mio. Euro. Grund dafür ist die geplante Aufnahme von 19 zusätzlichen Sozialwohnungen.

Rätin Adèle Schaaf Haas (déi gréng) erkundigt sich nach der Anzahl und Art der Wohnungen. Pierre Krier erklärt, dass derzeit 20 Wohnungen über das AIS-Modell verwaltet werden. Hinzu kommen 6 Einheiten in Kehlen und 9 in Bartringen im Rahmen des Logement abordable. Eine weitere Wohneinheit wird direkt in Mamer über ein privates Mietverhältnis organisiert. Die Mietpreise richten sich nach den gesetzlichen Vorgaben sowie nach den individuellen Einkommensgrenzen der Bewohner.

Rätin Djuna Bernard (déi gréng) erkundigt sich, ob die regelmäßig anfallenden Budgetüberschüsse gezielt für neue Projekte eingesetzt werden können. Pierre Krier erklärt, dass dies geprüft wird und dass die Investitionen in sozialen Wohnraum in den vergangenen Jahren bereits ein Schritt in diese Richtung sind.

Zugleich weist er darauf hin, dass sich viele Projektideen durch neue staatliche Förderprogramme, insbesondere durch zusätzliche Mittel des Wohnungsbauministeriums, erübrigen oder stark verändern.

Zum Abschluss dankt der Bürgermeister für die ausführliche Präsentation und die Arbeit des Sozialamts. Der Gemeinderat stimmt dem berichtigten Haushalt 2025 sowie dem Haushaltsentwurf 2026 einstimmig zu.

6. Verkehr: Bestätigung einer dringlichen Verkehrsregelung mit einer Gültigkeitsdauer von mehr als 72 Stunden – Route d'Arlon in Capellen.

Der Gemeinderat bestätigt eine dringliche Verordnung für die Route d'Arlon in Capellen. Schöffe Roger Negri (LSAP) erklärt, dass der betroffene Straßenabschnitt bereits zuvor vorgestellt

wurde und derzeit Arbeiten an den Kanalrohren auf der linken Fahrbahnseite stattfinden.

Da die Maßnahme länger als 72 Stunden andauert, ist eine formelle Genehmigung durch den Gemeinderat erforderlich. Es gibt keine Wortmeldungen, der Punkt wird einstimmig angenommen.

7. Zuschüsse für Vereine: 3.500,00 € an den Tourismusverband für die Organisation des Empfangs anlässlich des Nikolaustags 2025.

Die Gemeinde unterstützt auch in diesem Jahr den traditionellen Empfang zu Ehren des Kleeschen, organisiert vom Syndicat d'initiative et de Tourisme. Schöffe Ed Buchette (CSV) erklärt, dass die Kosten für den Besuch wie üblich durch einen Gemeindebeitrag gedeckt sind. In diesem Jahr fallen die Ausgaben sogar etwas niedriger aus, da wegen der Wetterlage kein Schlitten eingesetzt wird und der Transport zum Kulturzentrum Kinneksbond stattdessen mit einem Schulbus erfolgt.

Rätin Djuna Bernard (déi gréng) weist darauf hin, dass als Fairtrade Gemeinde bei solchen Anlässen stärker auf fair gehandelte Produkte geachtet werden sollte. Sie regt an, künftig mehr Süßwaren bewusst nachhaltig und fair einzukaufen. Dem schließt sich Rätin Jessica Klopp (DP) an und hebt hervor, dass Kinder früh für Herkunft und Wert von Lebensmitteln sensibilisiert werden sollten.

Der Zuschuss wird einstimmig bewilligt.

8. Informationen, Verschiedenes und Fragen aus dem Gemeinderat.

Bürgermeister Luc Feller (CSV) kündigt an, dass die Arbeitsgruppe zum PAP „betsehender Viertel“ (PAP QE) erneut einberufen wird, da die Unterlagen nach den bisherigen Diskussionen nun finalisiert sind.

Zudem informiert er über neue Sicherheitsmaßnahmen für den Pedibus. In Zusammenarbeit mit der Polizei werden die Kinder künftig mit reflektierenden Sicherheitswesten ausgestattet. Das Buspersonal erhält weiterhin jährliche Schulungen, unter anderem zu Kommunikation mit Kindern und zum Verhalten in Stresssituationen.

Bürgermeister Luc Feller (CSV) teilt mit, dass 2026 das 50-jährige Jubiläum der Gemeindeparkpartnerschaft mit Dangé Saint-Romain (F) ansteht. Die ursprünglich geplante Soirée française am Freitag vor den Pfingstferien fällt jedoch in den Zeitraum der französischen Kommunalwahlen, sodass eine offizielle Teilnahme der Partnergemeinde nicht möglich ist. Um die symbolische Bedeutung des ursprünglichen Unterzeichnungsdatums zu wahren, schlägt der Bürgermeister vor, die Feier auf 2027 zu verlegen.

In der Rue François Trausch werden auf Wunsch der Anwohner demnächst mehrere Bodenschwellen zur Verkehrsberuhigung angebracht.

Ein leerstehendes Haus im Zentrum von Mamer, das bisher von der Stiftung Hëllef Doheem genutzt wurde, kommt möglicherweise für eine Nutzung als Frauenhaus in Frage. Der Schöffen-

rat möchte das Gebäude der Croix Rouge oder gegebenenfalls einem anderen Träger vorschlagen. Die baulichen Gegebenheiten werden jedoch noch geprüft.

Rätin Simone Frank (CSV) äußert Bedenken zum Baustellenverkehr bei der Apotheke in der Rue du Commerce in Mamer. Die Situation sei unübersichtlich für Fußgänger. Zudem komme es regelmäßig zu Rückstau. Schöffe Roger Negri (LSAP) erklärt, dass die örtlichen Gegebenheiten schwierig sind und Änderungen an der Verkehrsführung nur begrenzt möglich seien. Er erwartet eine Entspannung, sobald die Bauarbeiten weiter fortgeschritten sind.

Rat Sven Bindels (DP) erkundigt sich nach einem Vorfall in der Maison Relais, bei dem einem Kind offenbar ein Gegenstand

auf den Kopf gefallen ist. Bürgermeister Luc Feller (CSV) bestätigt, am Wochenende von der Mutter informiert worden zu sein und auch Fotos erhalten zu haben. Er bedauert, dass eine offizielle Meldung der Gemeindeverwaltung zunächst nicht vorlag.

9. Personalangelegenheiten: Beschluss über die Gewährung von Abschiedsgeschenken bei Eintritt in den Ruhestand oder der Verleihung von Jubiläumsuhren für 20 Jahre treue Dienste.

Einstimmig billigt der Gemeinderat die Vergabe von Ruhestandsgeschenken und die Überreichung von Jubiläumsuhren für 20 Jahre gute und treue Dienste.

Sitzungsbericht vom 12. Dezember 2025

Beginn der Sitzung: 17.00 Uhr Zuhörer: 4

ANWESEND

CSV

FELLER Luc (Bürgermeister)
BUCHETTE Ed (Schöffe)
BECK Yannick (Rat)
BEISSEL Jean (Rat)
FRANK Simone (Rätin)
KERSCHENMEYER Tom (Rat)
SCHMID Nadine (Rätin)

LSAP

NEGRI Roger (Schöffe)
CLOSENER Francine (Schöffin)
JENSEN Elaine (Rätin)

DP

BINDELS Sven (Rat)
KLOPP Jessica (Rätin)

DÉI GRENG Mamer

BERNARD Djuna (Rätin)
DROSOU Georgia (Rätin)
SCHAAF-HAAS Adèle (Rätin)

ENTSCHULDIGT ABWESEND

BINDELS Sven (Rat / DP) ab Punkt 2

1. Gemeindehaushalt:

- a) Abstimmung über den berichtigten Haushalt für das Geschäftsjahr 2025;
- b) Abstimmung über den berichtigten Haushalt für das Geschäftsjahr 2026.
- c) Eingereichte Motion von „déi gréng“ betreffend – Erstellung eines „Plan vert communal“.

2. Stadtplanung und Raumordnung: Aufteilung eines Grundstücks in Capellen, 2-4 Parc d'Activités, in zwei Baugrundstücke (Artikel 29 des geänderten Gesetzes vom 19.07.2004).

3. Genehmigung einer Kooperationsvereinbarung mit der Stiftung „Stéftung Hëllef Doheem“ über die Bereitstellung eines „Externen Notrufdienstes“.

4. Beratende Ausschüsse:

- a) Rücktritt eines Mitglieds der Kommission für Bauwesen und Stadtplanung, das die politische Partei „LSAP“ vertritt;
- b) Ernennung eines Mitglieds in der Kommission für Bauwesen und Stadtplanung, das die politische Partei LSAP vertritt.

5. Gemeindefinanzen: Verabschiedung einer Verordnung über die Gewährung einer Ergänzung durch die Gemeinde zur Teuerungszulage und zur Energieprämie, die vom nationalen Solidaritätsfonds gewährt werden.

6. Verkehr:

- a) Änderung der Verkehrsordnung der Gemeinde Mamer (Nachtrag Nr. 51);
- b) Änderung der Verkehrsordnung der Gemeinde Mamer (Nachtrag Nr. 52);
- c) Änderung der Parkzonen für Anwohner.

7. Zuschüsse für Vereine: Auswahl eines nationalen und eines internationalen Projekts für Zusammenarbeit und Entwicklungshilfe, die 2026 von der Gemeinde bezuschusst werden sollen.

8. Informationen, Verschiedenes und Fragen der Gemeinderäte.

9. Eingereichte Motion von „déi gréng“ betreffend – Beitritt der Gemeinde beim Programm „Natur genéissen“ vom SICONA in den Maisons Relais.

10. Personalangelegenheiten:

- a) Schaffung einer Beamtenstelle (m/w/d) in der Besoldungsgruppe A, Besoldungsgruppe A1, Verwaltungsuntergruppe für die Bedürfnisse der Verwaltungsabteilung;
- b) Schaffung einer Beamtenstelle (m/w/d) in der Besoldungsgruppe A, Besoldungsgruppe A1, Verwaltungsuntergruppe für die Bedürfnisse der technischen und städtebaulichen Abteilungen.
- c) Zustimmung einer Entschädigung für den Bereitschaftsdienst bei dringenden Einsätzen im Winterdienst.

11. Personalangelegenheit (unter Ausschluss der Öffentlichkeit): Beförderung eines Gemeindebeamten in die Besoldungsgruppe B, Besoldungsgruppe B1, Verwaltungsuntergruppe.

Bürgermeister Luc Feller begrüßt die Anwesenden und erklärt, dass die Tagesordnung um zwei Motionen ergänzt wurde. Eine davon betrifft eine unmittelbare budgetäre Maßnahme, die andere ist allgemeiner Natur und hat zum jetzigen Zeitpunkt keine direkte finanzielle Auswirkung.

1. Gemeindehaushalt:

a) Abstimmung über den berichtigen Haushalt für das Geschäftsjahr 2025;

b) Abstimmung über den ursprünglichen Haushalt für das Geschäftsjahr 2026.

(Hei hannendrun d'Commentaire vun de Conseilleren am Wuertlaut.)

Conseiller Jean Beissel (CSV):

Här Buergermeeschter,
Madamm an Dir Häre Schäfte,
Dir Dammen an Häre Conseilleren,

Unhand vun den Zuelen aus dem Budget rectificé 2025 an dem Budget 2026, souwéi dem Plan Pluriannual de Financement kënne mir finanztechnesch soen, dass eis Gemeng gutt do steet a bei Wäitem besser wéi just als eng vun de meeschtverschëlde Gemengen aus dem Land.

Finanzen allgemeng, sief dat déi öffentlech oder aus dem Privatsecteur, musse kënne richteg gelies ginn, net nëmmen „Wat ass mäi Passif?“, mee och den Actif, deen do dergéint steet, an „Wat si meng Kapazitéite fir meng Schold zeréckbezuelen?“. Pro-Kapp-Verschëldung, déi leider nach a verschidde Käpp ronderëmmer geegesichert, ass kee Gradmesser méi, fir eng sachlech a kompetent Analys vun den öffentleche Finanzen ze maachen.

Dee Patrimoine, deen eis Gemeng an deene leschte 25 Joer – mam Budget initial 2026 ginn et der elo 26 –, geschaf huet, ass remarkabel. Generatiounsiwwergräifend Investitioune si gemaach ginn, Projete si realiséiert gi fir ënner anerem zukunftsorientéiert an nohalteg Infrastrukturen ze bauen.

De Kaf an d'Instandsetzung vum Mamer Schlass, de Bau vum CIPA, dem Kinneksbond mat de Schoul- a Sportinfrastrukturen, de Maison-Relais, der neier Piscine, dem Centre Culturel an der neier Museksschoul, de Schoulcampus op der Cap, d'Maison Risch an d'Galerie op der Cap, d'SNHBM-Gebäi, de Kaf an d'Instandsetzung wéi d'Vegrëisserung vum Wëllebau, de Bau a Vergrëisserung vum Holzemer Festsall, de Veräinsbau zu Holzem, d'Verschéinerung vum Duerfkär vun Holzem, Velos- a Feldweeër, Fussballsterrainen, Sportshalen, ouni all déi ënnerierdesch wéi iwwert dem Buedem gemaachte Stroossen- an Trottoirsarbechten ze vergiessen, eis Participatioun am SIDERO, fir eng vun de modernste Kläranlagen ze kréien, an am SICA mam neie Centre de collecte a Ressourcenzenter, am Beräich vun der Ëmwelt mat Fotovoltaik-Anlagen, d'Cogeneratiounsanzlag, Borne fir elektresch Autoen, de Vél'oh Réseau asw.... hunn aus eiser Gemeng eng modern, attraktiv a liebenswäert Gemeng gemaach, wou een héiert a gesäit, dass d'Leit sech wueffillen a gären heihinner wunne kommen.

Mee Villes méi gött gebueden: am Sport an an der Kultur, am Veräinsliwen, fir Nationalfeierdag, bei de Winter Moments. Et

ass deene verschiddene Schäfferéit ënnert dem Gilles Roth a Luc Feller ëmmer wichteg gewiescht, net nëmmen ze baue mee och eis Gemeng mat Liewen ze fëllen, déi sozial Integratioun ze fërderen, jidderee wëllkomm ze heeschen, egal vu wou en ass an hierkënn. Responsabilitéite si geholl gi fir dass jiddereen, deen an eiser Gemeng wunnt, sech soll a ka wueffillen. Erausforderungen am Logement an am soziale Wunnensbau si grad esou konsequent ugaange ginn ewéi déi fir Ëmwelt, Energieproduktioun an der mobilité douce.

All dës Mesüeren, all dës Investissemter schloe sech an de Budgete vun de leschte 26 Joer néier a wäerten dat och nach an Zukunft maachen.

583 Milliounen Euro sinn iwwert déi lescht 26 Joer investéiert ginn, dovu si 36 Milliounen Euro am Joer 2026 virgesinn. Vun deene 583 Milliounen Euro si 70,4 % iwwert de boni ordinaire oder staatlech Subventioune finanzéiert ginn. 172,50 Milliounen Euro Schold sinn iwwert dës Period opgeholl ginn. Enn 2025 bleiwen nach 124,7 Milliounen Euro zeréckbezuelen, op den 31. Dezember 2026 wieren et der nach 118,8 Milliounen Euro. Dat heescht, dass Enn 2026 – et kënn keen neien Emprunt derbäi – schonns 53,7 Milliounen Euro zeréckbezuelt gi sinn, also bal een Drëttel vun der Gesamtschold, wuelwëssend dass 115,7 Milliounen eréischt ab 2022 opgeholl gi sinn, no de COVID-Joren 2020 an 2021, dem Iwwerfall vu Russland op d'Ukraine an där doduerch resultéierend hefteg Inflatoun an de Mangel a Rohstoffe op de Mäert, sief dat och aus geopoliteschen Interesse verursaacht.

Chantiere ware gestëmmt an ugefaangen, also hunn se och misste fäerdeggestallt ginn.

De Verschuldungsgrad vun der Gemeng (den taux d'endettement, dee sech ergëtt aus dem Ratio vun dem Zeréckbezuete vun der Schold an den uerdentlechen Einnamen) läit Enn vun dësem Joer bei 13,03 %, lescht Joer nach bei 12,51 %, also eng liicht Erhéijung vun 0,52 %, wärend en Enn 2026 wäert bei 12,26 % leien, e Minus vun 0,77 % géintwärt dësem Joer, wäit ënnert den 20 %, déi vum Inneministère virgeschriwwen sinn.

Vun 2022 aus un a mat 2026 agerechent ass en contrepartie awer och en uerdentlechen Iwwerschoss vun 80 Milliounen Euro erziilt ginn, a wa mir de Report vun 2021 nach derbärechnen, da komme mir op 84,9 Milliounen Euro. Mir menge kënnen ze soen, dass mir also net esou schlecht do stinn.

Fir en héije boni ordinaire brauch ee rekurrent Einnamen. Wéi gewosst setzen déi sech aus dem Fonds de dotation globale mat 48,735 Milliounen Euro fir 2026, der Gewerbesteier mat 6,721 Milliounen Euro, der surtaxe communale um droits d'enregistrement an der Grondsteuer, zesumme fir 1,825 Milliounen Euro, zesummen. Dës Einnamen maachen 82,24 % vun eise Gesamteinnamen aus – eng konstant iwwert déi lescht Jore gekuckt. Dës Recetten, wéi och de pacte logement, kommen net vun eleng. Dat eent steet eis zou, mee dee gréissten Deel kréie mir aus engem Déppen, dee verdeelt gött. Ee vun de Krittären ass d'Awunnerzuel. All Awunner bréngt ronn 4.600 Euro an d'Gemengekeess.

Fir en héije Boni muss ee seng Suen och intelligent ausginn an net zur Fënster erausgehen.

Gesamtpaien vu der Gemeng	13.569.050	24,85%
Zeréckbezuelen vun der Schold	8.537.065	15,64%
Bäitrag un den Käschten vun den verschiedenen Syndikater	7.560.862	13,85%
Bäitrag un de Musekscoursen vun der UGDA	2.450.000	4,49%
Bäitrag un den Käschten vun den verschiedenen Maison Relais	2.000.000	3,66%
Ëffentlech Feieren a Concerten etc	2.028.950	3,72%
		66,20%
Gesamt uerdentlech Ausgaben	54.602.036	

D'Paaien an der Gemeng sinn iwwert déi lescht Jore gekuckt konstant bliwwen bei 24 Komma eppes Prozent.

Géintiwier vun de Käschte vum SICA, SIDERO an SES stinn awer och Einnamen iwwert d'Taxe fir den Offall (1.782.270 Euro), d'Kanalisation 2.050.000 Euro an iwwert de Verkauf vum Waasser 3.052.500 Euro. De Prinzip vum pollueur-payeur an utilisateur-payeur muss weider agehale ginn a reegelméisseg nei Berechnunge solle weisen, ob d'Taxe mussen ajustéiert ginn oder net.

Géintiwier den Ausgabe fir d'Musekscoursen vun der UGDA sti STAATLECH Subside vun 1.457.000 Euro, soudass den Nettokäschtepunkt sech op 993.000 Euro beleeft fir 999 Aschreiwungen.

Bei engem Total vun uerdentlechen Einnamen vun 69.648 Milliounen Euro – mir steieren op déi 70 Milliounen Euro duer – a 54,6 Milliounen Euro Ausgaben hu mir also en uerdentlechen Iwwerschoss vu 15,046 Milliounen Euro. Dat ass no 2024 an 2019, deen drëtthéchste boni ordinaire, dee mir jeemools an der Gemeng haten.

Fir och d'Einname mat den Ausgaben an de Kontext vun hirem Wuesstem ze setzen, kënnen mir feststellen, dass et an de verschiddene Jore mol méi grouss Ofwäichungen gi sinn, mee op d'Period vun 2021-2026 gekuckt wuessen eis uerdentlech Einnamen an der Moyenne mat 8,70 % am Joer, während d'Ausgabe mat 10,73% gewuess sinn. Dat ass eng Differenz vun 2 %, déi an den Norme bleift an unhand vun den Zuelen, déi eis virleien, gutt ze verkraaften ass.

Wéi schonns erkläert benotze mir dee Boni ënnert anerem fir eis Investissementer ze finanzéieren. Fir 2026 si 36 Milliounen virgesinn, déi follgendermoosse finanzéiert ginn iwwert:

- Boni ordinaire vun 2026:	15.045.994 Euro
- De presuméierte Boni Enn 2025:	26.164.238 Euro
- Ausseruerdentlech Einname vun 2026:	10.231.591 Euro
- De presuméierte Boni Enn 2026:	-15.413.487 Euro
- Emprunt:	0 Euro

Wat d'Investitiounen am kommende Joer betrëfft, sinn der eng ganz Rei virgesinn, mee et sinn natierlech och nach Ausgaben do fir Chantieren, déi musse fäerdeggestallt ginn.

Eng nei Schoul mat Maison Relais op der Cap ass mat enger Depense vun 8 Milliounen Euro virgesinn, wat méi ewéi ee Fënneftel, genau 22,2 % vun den ausseruerdentlechen Ausgaben ausmécht.

En anere wichtege Posten ass Loisirs, culture a culte mat engem Gesamtinvest vu 5.230.000 Euro, also 14,52 % vum Gesamtbetrag, an dovun 2.450.000 Euro fir déi nei Museksschoul an 1.650.000 fir d'Piscine – allen 2 am Kinneksbond –, an 850.000 Euro fir Aarbechten an déi nei Gestaltung vun Terrainen, Lafpisten, an d'Buvette am Stade François Trausch.

Am Kont Logements et équipements collectifs sti 7.690.000 Euro, dovu ginn 1.425.000 Euro an d'SNHBM-Gebai; 2.840.000 Euro an d'Stroossen, wou surtout Infrastruktur- an Trottoirsarbechten zu Capelle virgesi sinn, mee awer och eist Netz vu Vélosweeër drënnerfält wéi och Sécherheetsmesüeren am Stroosseverkéier a Foussgängerleitsystem, fir mol nëmmen déi ze nennen.

Am Kont Protection sociale stinn 2.652.500 Euro, wou 2,5 Milliounen Euro op Maisons Relais a Foyers scolaires affektéiert sinn. 700.000 Euro fir de Bau vun enger véierter Maison Relais am Kinneksbond an 1.350.000 Euro zesumme fir d'Ariichte vun enger Tunnel- an Trockenkammerspülmaschine an der Maison Relais 2 an am Precoce souwéi d'Neigestaltung vun de Sanitäranlagen. Zu Mamer an op der Cap gi fir 400.000 Euro och Kapazitéite vun de jeeweilige Kichen erméiglecht.

D'Affaires économiques hunn e Budget vun 2,3 Milliounen Euro, dovun 300.000 Euro fir eise Feldwee-Programm, nach 1 Millioun Euro fir eis nei Cogeneratiounsanzlag, 650.000 Euro fir Fotovoltaik-Panneauen am Kinneksbond, zu Capellen kommen zwee nei Bushaisercher.

Bei der Protection de l'environnement sinn 8,2 Milliounen Euro gebucht ginn, dovu ginn der 2.069.118 Euro als Apport en capital fir de SICA fir deen neie Ressourcenzenter an 4.691.714 Euro als Apport en capital fir de SIDERO fir déi erneiert a vergréissert Kläranlag. Fir de Pacte Klima an Natur sti fir Etüde 400.000 Euro prett, 500.000 Euro si virgesinn als Primm beim Bau oder Émbauarbechte vun engem Haus.

Dir Dammen an Dir Hären,

36 Milliounen Euro, déi hëllef eis Gemeng weider ze entwéckelen an ze verschéieren.

36 Milliounen Euro fir eng modern an nohalteg Gemeng.

36 Milliounen Euro, déi mir ouni zousätzlechen Emprunt finanzéieren.

Dir Dammen an Dir Hären,

Den 31. Dezember 2016 hate mir 9.165 Awunnerinnen an Awunner an eiser Gemeng. Enn 2026 gëtt eis Bevëlkerung op 11.995 Leit geschat. Dat ass e Plus vun 2.830 Leit oder bal 31 %. Op 10 Joer gekuckt ass dat also an der Moyenne e Plus vun 3,1 %. Déi verschidden CSV-LSAP Schafferéit hunn hir Verantwortung geholl an déi richtig Weiche fir d'Zukunft gestallt, sief dat am Budget mat den uerdentlechen Einnamen déi an der selwechter Period vu 34 Milliounen Euro op elo 69,6 Milliounen Euro geklomme sinn – dat ass méi ewéi dat Duebelt an 10 Joer. An de leschten 10 Joer sinn awer och 315,7 Milliounen Euro investéiert gi fir de Leit e flott Mateneen ze erméiglechen. Ouni

COVID a Krich wier dës Betrag warscheinlech e wéineg méi moderat ausgefall.

Mir als CSV ënnerstëtzen de Schäfferot weider a senger Missioun vun Integratioun, vum sozialen Zesummenhalt, vum Mateneen.

Mir ënnerstëtzen de Schäfferot weider a senger Missioun vun der Moderniséierung an der Vergréisserung vun eisen Infrastrukturen.

Mir ënnerstëtzen de Schäfferot weider a senger Missioun vun Nohaltegkeet, erneierbaren Energieën, mobilité douce a Kreeslafwirtschaft.

Mee all dës Missiounen sinn net méiglech ouni qualifizéiert, engagéiert a kompetent Gemengepersonal, wat all Dag am Déngscht vun de Biergerinnen a Bierger an eiser Gemeng säi Bescht gëtt. Enn 2026 leie mir bei engem Staff vun 137 Leit fir 118,03 ETP bei 11.995 Awunner, dat mécht e Ratio vun 101,6 ETP pro Awunner. Dat ass manner ewéi déi Jore virdrun, mee ass awer nach ëmmer vertriebar, well de Schäfferot astellt:

- en fonctioun vun der Entwécklung vun der Bevëlkerung
- en fonctioun vun de Servicer, déi hien de Leit wëll ubidden
- an natierlech en fonctioun vun der Qualitéit vun dësem Service

En anert wichtegt Argument ass och, wéi virdu schonns gesot, de Käschtepunkt fir Paien an den uerdentlechen Ausgaben. De Ratio läit do schonns säit Jore bei ënner 25 %, wat iergendwéi eise Gradmesser soll bleiwe fir déi nächst Joren.

Dir Dammen an Dir Hären,

De Mënsch am Mëttelpunkt vu sengem Liewen, Wunnen a Schaffen an eiser Gemeng. Mënschen, déi sech begéinen a wuelfillen.

Och dës Budget bitt eise Biergerinnen a Bierger weiderhin an enger flotter, liewenswäerter an attraktiver Gemeng ze wunnen. Et ass weiderhin e Budget vun der finanzieller Wäitsicht an dem politesche Courage.

D'CSV-Fraktioun stëmmt de Budget initial 2026 an de Budget rectificié 2025 esou wéi se den 1. Dezember hei presentéiert goufen.

Mir soen dem Här Buergermeeschter, den dräi Schäffen, dem Gemengesekretär an alle Reponsabelen aus der Verwaltung an alle Servicer Merci fir déi wäertvoll Dokumenter, déi mir zur Verfügung gestallt kritt hunn an déi eis gehollef hunn eis Interventioun vun haut virzebereeden. Merci och de Memberen aus der Finanzkommissioun, déi gehollef hunn de Rapport ze finaliséieren. E spezielle Merci dem President vun der Finanzkommissioun, deen aus perséinleche Grënn demissionéiert huet an deem ech perséinlech wëll Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Merci fir d'Nolauschteren.

Conseiller Tom Kerschenmeyer (CSV):

Budgetsried 2026 zu de Sujete Sport, Festivitéiten, Wunnen a Mobilitéit

D'Diskussioun haut iwwert de Budget 2026 ass net nëmmen eng Diskussioun iwwert Zuelen an Investissementer. Nee, et ass eng Diskussioun iwwer d'Zukunft vu Mamer – iwwer d'Gemeng, déi mir wëllen a wéi mir wëlle liewen.

Haut ginn ech op dräi Beräicher an, déi e wichtigen Deel vun eisem Budget 2026 sinn: eng Gemeng, déi Sport an d'Veräiner fërdert, eng Gemeng déi den Zesummenhalt stäerkt mat engem attraktive Programm vu Manifestatiounenan eng Gemeng, wou et sech gutt wunnen a beweegen léisst.

1. Sport an Duerfveräiner – Si sinn d'Fundament vun eisem Zesummenhalt

Mamer ass eng Gemeng voll Dynamik. Dat ass eng Realitéit, déi mir all Dag erliewen. Mat iwwer 40 Veräiner hu mir eng dynamesch Communautéit, déi d'gesellschaftlecht Liewe vun eiser Gemeng prägt a formt.

Dës Veräiner – mat hirer Jugendarbecht, spannende Matcher an hirem Engagement op de Manifestatiounen vun der Gemeng – sinn d'Réckgrat vun enger moderner Gemeng an droen zum Gemeinschaftsgefühl vun der Gemeng Mamer bäi.

D'Sportsinfrastruktur erlaabt et eise Veräiner an eise Bierger Sport an dem néidege Kader auszeüben. De Budget spigelt dës Prioritéit kloer erëm.

Fir de Projet Phare vun eiser neier Piscine sti weider 1,6 Milliounen Euro am Budget a Funktiounskäschte vun 940.000 Euro. Domadder hu mir net nëmmen eng Infrastruktur geschaf, mee mir erlaben et, datt all Kand an eiser Gemeng Schwamme ka léieren – haut a fir d'Zukunft.

D'Bierger an der Gemeng kënnen sech fir d'Aqua-Fit-Coursen umellen an de Public ka freides owes a samschdes moies schwamme goen. Nierwent de Kanner, de Sportsveräiner, an dem héijen Interessi vum Public gesi mir, dass dës Projet déi richteg Decisioun war an zum Bild vun enger moderner Gemeng passt.

De Budget 2026 setzt Prioritéite fir weider Investitiounen am Beräich vum Sport:

- Mir investéieren 250.000 Euro an d'Erneuerung vum synthetesch Belag um Fussballsterrain no. 3.
- Mir schafen ee gliesenen Iwwerdaach nierwent der Buvette um Terrain no. 2 fir 150.000 Euro.
- Mir plange laangfristeg zousätzlech Vestiaires um Terrain no. 1.

Nierwent den Terraine ginn iwwer 1 Million Euro an eis Sportshalen investéiert.

Dovunner profitéiere virun allem déi Jonk, déi wëllen am Veräin trainéieren an ass eng Ënnerstëtzung vu Jugendarbecht, déi dagdeeglech an de verschiddene Sportsveräiner gemaach gëtt, sief et um Terrain, an der Hal oder an der Piscine.

Mir begleeden d'Veräiner mat 230.000 Euro Subventiounen, fir si weiderhin an hiren Aktivitéiten z'ënnerstëtzen.

2. Summer- a Wanterprogramm – Mamer ass eng lieweg Gemeng

Wann ee mat eise Bierger schwätzt, an och mat Leit vun ausserhalb, dann ass den Aktivitéitsprogramm vun der Gemeng Mamer eppes, wat besonnesch flott ass. Dëst ass net just e Festivitéitsprogramm, mee e wichtege Deel vun der Identitéit an der Attraktivitéit vun der Gemeng.

Fir de Wanter hu mir nei Akzenter gesat:

Mat engem neien Holzchalet op engem Stack an enger méi grousser Äispist sinn d'Winter Moments dëst Joer a fir déi nächst Joren nach e Stéck méi schéin. Fir zesammen e gesellege Moment an enger flotter Atmosphär z'erliewen.

Dëst géllt och fir eise Summerprogramm fir dat nächst Joer mat de verschiddene Concerten a Fester, déi net nëmmen zu Mamer organiséiert ginn, mee och op der Cap an zu Holzem.

Viru Kuerzem hu mir de Wëllebau, mat deem iwwert 100 Joer lokal Geschicht verbonne sinn, als flotte Projet ageweit. Dëse wäert als modernen neie lieu de rencontre funktionéieren, wou d'Gemeng och d'Méiglechkeet huet fir Festivitéiten oder kulturell Eventer z'organiséieren. Dëse Projet steet mat 1 Millioun am Budget.

All dëst weist, dass d'Gemeng Mamer garantéiert keng Schlofgemeng ass, mee eng Gemeng, wou d'Bierger sech wuel spieren an nei Bierger gäre wunne kommen.

Dëst wëlle mir konsequent ënnerstëtzen.

3. Wunnen a Mobilitéit – eng Gemeng mat Liewensqualität

De Logement an eng gutt Infrastruktur sinn och eng vun de Prioritéite vun dësem Budget mat Investitiounen vun 2,17 Milliounen.

D'Gebai vun der SNHBM (1,4 Milliounen) wäert iwwert dat nächst Joer fäerdeg gebaut ginn a weist net nëmmen den Effort vun der Gemeng am soziale Wunnensbau, mee wäert duerch déi verschidde Funktiounen en zentrale Punktum Duerfzentrum ginn. Dëse Schlësselprojet wäert net nëmmen 19 Wunnenge virgesi mee och Büro fir d'Servicer vun der Gemeng, e Café intégratif a mat engem ënnerierdesche Parking genuch Parkplaze fir den Duerfzentrum ubidden.

Donierwert wäerten um Projet Wëltgebond vum Fonds de logement och iwwert dat nächst Joer nei Bierger op Mamer kënnen kommen. Mat méi wéi 150 abordabele Wunnenge kënnen och weider jonk Familien an d'Gemeng wunne kommen.

Mee fir gutt ze wunne brauch een och Mobilitéit a gutt Stroossen.

Dëse Budget 2026 weist hei och kloer Prioritéiten:

- Stroossen- & Trottoir-Entretiens-Plang: 2,8 Milliounen Euro – well d'Fundamenter wichteg sinn.
- Parkingsausbau op Schungesch (100.000 Euro)
- Nei Bushaisercher op der Cap beim Supermarché (220.000 Euro) – well ëffentlechen Transport eng Prioritéit ass.
- Elektro-Mobilitéit: Zousätzlech Luedstatiounen fir E-Mobilitéit (50.000 Euro)

- Pädagogesch Radaren (25.000 Euro)
- Foussgänger- a Sécherheetsmesürene (180.000 Euro) – well d'Bierger sécher sollen um Trottoir an an der Strooss sinn.

Mobilitéit a Sécherheet fir d'Bierger ass eng Realitéit, déi d'Gemeng eescht hëlt.

4. Merci soen

Dem Gemengepersonal – fir d'Ëmsetze vun dëse Projeten

Dem Service Financier – fir dës vill a gutt Aarbecht fir d'Preparatioun vum Budget 2026

Dem Schäfferot – fir hir Iddien an hir gutt Wäitsicht

Dëse Budget 2026 fir Mamer ass de Beweis, dass mir net nëmme Pläng hunn – mir huele Courage an d'Moyenen an d'Hand fir dës ze realiséieren.

Merci.

Conseillère Nadine Schmid (CSV):

SCHOUL

Schoul, Kanner a Betreuung ass ee vun deene gréisste Punkten am Budget: ronn 15 Milliounen Euro!

Jo, dat si vill Suen, mee et si gutt investéiert Suen.

Et ass en Investissement an d'Zukunft, d'Zukunft vun eise Kanner:

- modern Schoulinfrastrukture fir ee séchert an zäitgeméisst Ëmfeld; de Wuesstem ass do, mir brauchen ëmmer méi Plaz a qualifizéiert Personal
- mir suerge fir eng zukunftsorientéiert Bildung mat digitale Kompetenzen an e séchert Ëmgoe mat de soziale Medien, engem Encadrement fir Kanner „à besoins spécifiques“, innovativ Projete wéi d'Bëschschoul zu Mamer, Schoureesen an d'Ausland an zu Lëtzebuerg, nohalteg Projete wéi de Vivarium
- déi sportlech Kompetenze ginn aktiv gefërdert. Eng nei Piscine um Campus Kinneksbond erweidert a vereinfacht d'Méiglechkeeten. All Kand soll am fréie Schoulalter schwamme kënnen. D' Veräiner ginn integréiert. Si kréie Sputt fir méi Trainingseenheeten.

D'Betreuung an der Maison Relais, déi matt der Gratuitéit een enormen Zoufloss opweist, bleift en Häerzstéck vun eiser Politik. Si ass kee Luxus. D'Kanner sinn an Opsicht vu kompetentem Personal, gi gefërdert, dëst an engem sozialen, séchere Milieu.

Et erméiglecht d'Chancegläicheet: jiddwereen ass dobäi, kee bleift op der Streck.

Onofhängeg vun hirer sozialer Hierkonft, der Mammesprooch oder dem Porte-Monnie vun den Elteren.

D'Kanner léieren net nëmmen am Klassenall. Si léieren och beim Spillen, beim Entdecken a beim Zesummeliewen.

Hei ass déi gutt Zesummenaarbecht tëschent Schoul, MR an den Elteren ze ënnersträchen.

Den Transport scolaire (Bus a Pedibus) ass och ee grouse Käschtepunkt: mat 900.000 respektiv 430.000 Euro.

De Projet „Service Super Senior“ ass ugelaf: e generatiounsiw-
wergreifende Projet fir de Schoulkanner Nohëllef ze erméigle-
chen (17 Kanner goufe vun 8 Seniore begleet, 290 Stonnen
Nohëllef goufe gehalen).

Déi nei Museksschoul, e Gebai an Eenheet mam Centre
Culturel Kinneksbond, kennt ee grouse Succès: endlech all
Coursen an engem Gebai, den neien Auditoire ass esouwäit
prett. En net negligeabele Käschtepunkt mat 6912,53 Euro/
Stonn Unterrecht, mee e PLUS de Kanner (an Erwuessenen)
dëst kënnen ze bidden/erméiglechen.

Mir kucke weider an d'Zukunft:

- En cours ass de Bau vun der neier Schoul a Maison Relais op
der Cap.
Den Engpass während dem Chantier gëtt iwwerbréckt dank
dem Émbau vum Centre Culturel op der Cap an eng Annex
vun der MR.
- Virgesi si weider folgend strukturell Adaptatiounen um
Campus Kinneksbond zu Mamer:
 - lessensproduktioun fir ronn 700-900 Kanner
 - Émbau a Moderniséierung vum Precoce-Gebai fir eng
gemeinsam Notzung mat der MR
- Eng 4. Maison Relais um Campus Kinneksbond ass geplangt:
dëst steet am Budget fir 700.000 Euro.

Et ass net just en Investissement a Maueren a Material, mee an
d'Méiglechkeeten a Potenzial vun all eenzelnem Kand.

KULTUR

De Centre Culturel Kinneksbond, net nëmmen eent vun deene
„grousse“ Kulturhaiser am Land, mee e Kulturzentrum, dee
sech eng Reputatioun iwwer d'Grenzen eraus erschaf huet.

D'Subventioun vu 540.000 Euro ass wëllkomm, d'Presentati-
oune lafen nees op Héichtouren. Déi schwiereg Jore ronderëm
de COVID si bal vergiess. Personalméisseg gëtt no Expansioun
gefrot, zumools no der Ouverture vum Auditoire vun der neier
Museksschoul.

Eng enk Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun fir flott
Spektakelen, ëmmer nees e grouse Succès.

D'Kulturkommissioun ass och aktiv am Developpement vu
Kultur am öffentleche Raum.

D'Aktivitéiten an den Asaz vun de sëllege Veräiner a Commissions
consultatives sinn an der Gemeng net ewechzedenden. Si sinn
dobäi am Summer (Duerffest zu Holzem, Nuit des Sports...) an
am Wanter (Winter Moments um Krëschtmaart, an der Äisbar
an am Chalet).

D'Gemeng assuréiert eng héichwäerteg Offer vu Course – ronn
80 – fir d'Saison 2025/26.

Fir Grouss a Kleng ass eppes dobäi.

Dat soziaalt a kulturellt Liewen an der Gemeng steet net nëmme
fir Amusement a Feieren, mee erméiglecht Wuelbefannen an ee
gesonden Ausgläich zum Alldag a Schoul- an Aarbechtswelt an
och d'Integratioun vun alle Matbierger.

Kultur steet also fir

- Zesummeliewen
- Attraktivitéit
- Talentfërderung
- Stärkung vu soziale Kompetenzen
- Fërderung vum Benevolat an dem (sozialen) Engagement ...

Kultur ass also och kee Luxus, mee ass en Deel vun eiser Identitéit.

(GESONDHEET a) SOZIALES

Hei sinn ervirzehiewen:

- Erhéijung (ëm 10 %, vu 25 % op 35 %) vun der Allocation de
vie chère, déi an Zukunft och automatesch ausbezuelgt gëtt
- Developpement vun der Maison Citoyenne, mat 450.000
Euro am Budget agedroen
- En Office Social, deen ëmmer méi gefrot ass, kritt eng
Ënnerstëtzung vun der Gemeng vun iwwer 200.000 Euro,
Betreit Wunnen, d'Demande ass grouss
- Subventiounen fir repas sur roues, téléassistance...
- D'Kleiderbörse huet ëmmer méi Succès
- Pampers-Subsid, eng attraktiv Ënnerstëtzung vu kleng un
- Projet vun enger zousätzlecher konventionéierter Crèche
- Projet vun engem Fraenhaus

Et ass net méiglech iwwerall an den Detail ze goen, mee de
Message ass kloer:

Et soll keen op der Streck bleiwen, jiddweree kann a verschiddene
Liewenssituatiounen ëm Hëllef froen a bei eis an der Gemeng
ënnerstëtzt ginn.

Zum Schluss ee grouse MERCI fir dëse streng duerchduechte
Budget dank raisonablem Asetze vun de Gemengefinanzen
duerch eise Schännerot.

Net ze vergiessen och all d'Intervenanten, déi d'Gestioun an
d'Opstellung vum
Budget erméiglecht hunn.

Conseillère Simone Franck (CSV):

Theema Famill an 3. Alter

Här Buergermeeschter,
Madamm Schäffin, Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Häre Conseilleren,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Als éischt wollt ech dem Här Buergermeeschter Merci soe
fir seng ausféierlech Presentatioun vum Budget am leschte
Gemengerot mat den néidegen Explikatiounen zu den ordinäre
wéi och zu den extraordinären Depensen.

Ech ginn op 2 Theemen an an dat si Familljen an déi eeler
Generatioun

Mamer ass eng Gemeng fir Familljen.

Dofir brauche mir Sozialwunnengen, modern Schoulinfrastrukturen, Maison Relaisen, Bustransporter, Pedibus mee och déi néideg Infrastrukturen am Fräizäitberäich, sief dat flott améngéiert Spillplazen, gutt equipéiert Sportshalen, eng modern Piscine mat engem Lernschwimmbekken, flott Véelosweeër an och Spadséierweeër.

Mamer ass och eng Gemeng fir eeler Léit.

Dofir ass de Bau vum betreite Wunne beim CIPA immens wichteg an och op der Cap ass de Projet um Lafen. De Spagat ze maachen téschent net méi eleng doheem wëllen/kënne bleiwe mee awer nach net prett si fir an d'Altersheem ze goen ass schonn eng Chance fir sou e Choix a senger eegener Gemeng maachen ze kënnen. De Ruffbus ass och net méi wechzededenken, de Service Senior Plus mat der Stéftung Hëllef Doheem, de Service Super Senior, de Smart Café, d'Aarbechtshëllef Solina (fir Hëllef beim Heckeschneiden a beim Schnéischëppen), genau sou wéineg wéi d'Seniorenamicale an de Club Senior (ClubHaus am Brill), deen 2025 d'Gebai René Federspiel instandgesat kritt huet.

Am Budget ass d'Rubrique « Protection sociale » opgeléicht mat ronn 4 Milliounen.

Dést ass e wichtige Punkt am Budget. E beinhalt den 3. Alter, d'lessen op Rieder, de Service Téléalarm, d'Maison Relais an d'Jugendhaus, d'Maison Citoyenne, den Office Social, d'Aides aux personnes dans le besoin (vie chère). Vu jonk a manner jonk an all sozial Schichte gi bei ons an der Gemeng berücksichtegt an hélt dofir och eng grouss Plaz am Budget an.

Bei den ordinären Depensë fanne sech och déi konsultativ Kommissiounen rëm mat engem Budget vu 475.000 €. Et ass eng wäertvoll Aarbecht, déi d'Kommissiounen leeschten – fir d'Leit a mat de Leit. E puer Beispiller: Inklusiounsfest, Nopeschfest, Babbelfest, Talentshow, Orange Week, Ausflich, Fester fir den 3. Alter z. B. d'Chrëschtfeier am Kinneksbond, wou iwwert 300 Leit empfaange ginn an dës Leit schonn e ganz Joer op déi Invitatioun waarden. All Projekte vun de Kommissiounen sinn eng Beräicherung. E grouse Merci dofir geet un all Kommissiounen fir hiren Asaz.

D'Veräiner sinn och e wichtige Bestanddeel. Si droen zum Zesummeliewe vun onser Gemeng bäi. Si leeschte gutt Aarbecht an investéieren vill an d'Veräinslieden an och an d'Jugend, a leeschte professionellen Encadrement. Dofir kënnen si och all Joer op Subside vun der Gemeng zielen. Sou sinn z. B. 190.000 € am ordinäre Budget fir d'Associations sportives virgesinn. Och hei e grouse Merci un all Veräiner fir hiren Asaz.

Fir sou eng gutt Aarbecht ze leeschten, mussen och gutt Infrastrukturen hier, wéi z. B. en neie syntheetesche Belag um Fussballsterrain, nei Raimlechkeete fir de Pingpong, eng flott Piscine, déi vum TriSpeed benotzt ka ginn. Verständnishafter misst fir jiddereen kloer sinn, datt sou Infrastrukturen och hire Präis hunn an datt sou Investitiounen e MUSS fir eng modern Gemeng sinn.

Eng Piscine, wéi schonn ugeschwat, mat enger Depense ordinaire fir 2026 vu ronn 910.000 € an extraordinäre vun 1.650.000 €,

wat nach de Bau betrëfft, si grouss Investissemerter, mee als Géigepartie léiert all Kand an der Primärschoul schwammen, Babye kënnen mat hiren Elteren zesummen am Cours Waasser entdecken an all Awunner aus der Gemeng ka sech sportlech am Aqua-Fit an duuss beweegen oder einfach nëmme schwamme goen, fir sech fit ze halen.

Dir gesitt, datt d'Depensë souwuel am ordinäre wéi och am extraordinäre Budget gerechtfäerdigt sinn.

Et ass e Budget, deen novollzéibar ass. Et ass e Budget, deen eng Kontinuitéit huet. Wann ee kuckt, wéi ons Gemeng wiest, ass et wichteg an eng modern Gemeng ze investéieren an och do, wou et am sännvollsten ass.

De Mënsch steet an onser Gemeng am Mëttelpunkt.

All dës Punkten an natierlech all Punkten, déi scho genannt gi sinn, sti fir eng attraktiv Gemeng mat hiren Uertschafte Mamer, Capellen an Holzem a fir e gutt Zesummeliewe vun all de Generatiounen.

Ech wollt zum Schluss och nach e grouse Merci soen dem Schäfferot fir säi raisonablen Asaz vun de Gemengefinanzen an all den Intervenanten, déi d'Gestioun an d'Opstellung vum Budget erméiglecht hunn.

Merci fir d'Nolauschteren

Conseiller Yannick Beck (CSV):

Här Buergermeeschter,
Madamm, Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot,

Ech géif dann ofschléissend nach e Bléck op d'Jugend an awer och op d'Klima- an Ëmweltpolitik werfen.

D'Jugend ass d'Zukunft an deemspriechend ass et richtig a wichteg, datt och d'Jugend an dësem Budget erëm staark beduecht gëtt.

Besonnenesch d'Jugendhaus ass mëttlerweil eng fest Institutioun an en zentralen Treffpunkt fir vill Jonker an eiser Gemeng. Ronn 230.000 € investéiert d'Gemeng 2026 hei an eng Struktur, déi et Jonken erméiglecht, sech gutt encadréiert weiderzeentwéckelen. En Invest, dee sécherlech all Cent wäert ass.

Beispillhaft wëll ech awer och nach eng Kéier un d'Primmen erënneren, déi déi Jonk, déi hiert Schoul- respektiv Studiejoer gepackt hunn, ausbezuelt kréien a soumadder fir hir gutt Leeschtungen eng Unerkennung vu Säite vun der Gemeng kréien.

Och de Service Youth & Work ass weiderhin e wichtegt Ugebot zu Mamer, wat hëlleft, jonke Mënschen nei berufflech Perspektiven opzeweisen.

Jugendarbecht geet awer och iwwert dës direkt Projeten eraus. Sou muss een nëmme zum Beispill un déi sëlleg Veräiner denken, déi ganz vill Jonker encadréieren an sou eng wichteg

Aarbecht leeschten, an déi vun der Gemeng sief et finanziell oder och duerch gutt Infrastrukturen ënnerstëtzt ginn.

D'Theemen Natur- a Klimaschutz, Energieeffizienz a Mobilité douce goufe vum Här Buergermeeschter a senger Presentatioun vum Budget besonnesch ervirgehewen. Dat weist, datt d'Gemeng Mamer dëst Thema nach wie vor ganz seriö ugeet an d'Wichtigkeet vun enger nohalteger Gemengepolitik erkennt.

Och hei wëll ech nëmmen e puer Beispiller vu villen nennen:

- D'Fotovoltaikanlage gi weider massiv ausgebaut. Hei si 600.000 € fir d'Joer 2026 ageplangt.
- Bemierkenswäert sinn och déi 500.000 €, déi d'Gemeng ënnert dem Budgetposten « Primes de construction et de transformation à caractère écologique » féiert. Hei dréit d'Gemeng hiren Deel dozou bäi, fir Ureizer ze schafen, fir energiespuerend ze sanéiere respektiv ze bauen an op nohalteg Technologien ze setzen.
- Souwuel de Vel'Ohs-Réseau, mat iwwert 60.000 Trajete pro Joer ewéi och d'Offer vum Flex-Carsharing gi vill genotzt a sinn am Kontext vun nohalteger Mobilitéit sënnvoll Mesüeren, besonnesch an der Mamer Gemeng, déi geografesch an awer vun hirer Gréisst hier gutt zu dësen Offere passt.
- Mee och de Ruffbus, de Late Night Bus oder nach den Night Rider sinn Offere vun der Gemeng, déi mat iwwert 480.000 € duerchaus net wéineg kaschten, mee vill an Usproch geholl ginn a generatiounsiwwergräifend d'Mobilitéit vun eise Matbierger weesentlech verbesseren.

Ech wëll dann awer och nach e puer grouss Projeten erwänen: Do wieren déi nei Kläranlag an den neie Ressourcenzentrum vun der SICA. Fir dës zwee Projete sinn am Budget extraordinaire 2026 ronn 6,76 Milliounen Euro virgesinn. Den Offall an d'Ofwaasser si weesentlech Bestanddeeler vum Ëmweltschutz an den Invest a modern Infrastrukturen deemno logescherweis eng sënnvoll Konsequenz.

Ma och un déi nei Cogeneratiounsanzlag, fir déi am extraordinaire nach eng Kéier 1 Millioun Euro virgesi sinn, wëll ech nach eng Kéier erënneren. Och dëst ass e wichtege Schrëtt a Richtung Aspuerung vun Treibhausgasemissiounen. Konkreet kënnen dank dëser neier Anlag 2.200 Tonnen CO2 d'Joer agespuert ginn.

Dëst sinn nëmmen e puer vu ganz ville Beispiller, wou d'Gemeng sech proaktiv fir eng nohalteg Klima- a Mobilitéitspolitik asetzt.

Dir Dammen, Dir Hären,

Am Oktober gouf am Gemengerot en Tëschebilan vum Klimapakt virgestallt, an och dorausser geet ervir, datt d'Gemeng Mamer an hire Beméiunge fir konsequente Klimaschutz ëmmer weider Progrès mécht. Insofern ass och dës Budget erëm an der Kontinuitéit vun deene leschte Joren e Budget vun enger ambitionéierter Klimapolitik.

Och ech wëll dann awer dovunner profitéieren, fir jidderengem, deen dëst Joer erëm um Budget matgeschafft huet, an dann

och un der Ëmsetzung vun dësem bedeelegt wäert sinn, e grouse Merci ze soen!

Mir soe Merci fir d'Nolauschteren!

Conseillère Adèle Schaaf-Haas (déi gréng):

Här Buergermeeschter,
Madamm, Dir Häre Schäffen,
léif Kolleegen aus dem Gemengerot,

Fir unzefänke wëlle mir dem Här Nico Bontemps e grouse Merci soe fir d'Erstelle vun dësem Budget. Mir hunn et gutt mat eisem Gemengesekretär, an him a senger Equipe wëlle mir eise Luef ausschwätze fir hir Aarbecht iwwert dat ganz Joer.

Här Buergermeeschter, an ärer Ried weist Dir op déi vill nei Infrastrukturen an déi vill Initiativen hin, déi als gemeinsame Punkt hunn, datt dës op enger gesonder an nohalteger Finanzbasis stinn.

D'Chiffere vum Budget schwätzen awer nach ëmmer eng aner Sprooch: Enn dëst Joer beleeft sech eis Schold nach ëmmer op engem rekordverdächtigen Niveau am Landesverglach mat ganzer 124 Milliounen Euro, an dës wäert viraussichtlech just ëm 6 Milliounen am Joer 2026 ofhuelen.

Mir erkennen un, datt Dir, op Drock vun déi gréng Mamer, dës Schold wëllt reduzéieren, mir sinn awer nach wäit ewech, fir vun „nohaltege“ Finanzen ze schwätzen, och net wann de Remboursement sech ënnert de gesetzlech virgeschriwwene 15 % vun den uerdentleche Recette befëhnt.

Interessant ass et an dësem Kontext nach eng Kéier no der Definitioun vum Begrëff „nohaltege“ ze kucken: Nohaltege gëtt definéiert, andeems een haut esou handelt, datt „zukünfteg Generatiounen net dorënner leiden“, andeems een ökonomesch, ökologesch a sozial Krittären ofweit.

Déi gréng sinn der Meenung, datt virun allem de Krittäre vun dem Sozialen, wou mir haaptsächlech vum Wunnengsbau schwätzen, an der Ökologie net genuch Rechnung gedroe gëtt an dësem Budget. Dofir gi mir an eiser Analys op dës Punkten an.

Et ass awer och de Moment fir een éischte Bilan ze zéien, wat är Engagementer betrëfft, déi am Koalitiounsaccordvun dëser Majoritéit stinn. Dat nächst Joer si mir an der Hallschent vun der Legislaturperiod ukomm an an dësem Budget missten d'Jalone gesat gi fir déi Projeten, déi dir nach all wëllt ëmsetzen.

Eng Rei Projeten ënnerstëtze mir, wéi:

- a) D'Schafe vun 19 abordabele Wunnengen am Bâtiment Millénaire am Zentrum vu Mamer, fir deen et elo endlech och e Programm gëtt fir de Rez-de-chaussée : e Café intégratif vun der Maison Citoyenne, eng Épicerie sociale a polyvalent Raim fir eis Gemengeservicer. Dëst si Funktiounen, déi wichteg si fir den Zentrum vu Mamer ze beliewen.

Mir bedauern awer, datt elo erëm just eng „Machbarkeetss-tudie“ am Budget steet dat nächst Joer; oder gëtt dës Pro-jet, aus budgetären Engpäss, bewosst an d'Längt gezunn?

b) Och den neie Ressourcencenter zu Kielen huet fir eis e „Virbildcharakter“, well et den éischte „Centre de collecte et de recyclage“ am Land ass, deen de Krittäre vum neien Offallgesetz entsprécht; nieft engem Atelier fir Reparaturen ze maachen, ginn eng Boutique fir Second-hand-Artikelen an e Sall fir pedagogesch Formatiounen amenagéiert.

Eng Rei aner Projete vermësse mir am Budget, wéi zum Beispill:

- En neit Gebai fir eis Regiebetriber, dëst soll op den alen Terrain vun der Kompostanlag kommen?
- E moderne „Weiderbildungszentrum“ an der Mameranuschoul ;
- Jeeweils een Auvent mat Fotovoltaik fir d’Parkinge vum Kinneksbond an Tennishalen op der Cap?
- A schlussendlech den Amenagement vu „Shared-Space-Zonen“ am Zentrum vu Mamer, och dëst ass e Projet, deen déi gréng Mamer scho laang fuerderen an deen elo rezent nach opgrond vun de ville Foussgängeraccidenter, besonnesch am Wanter, ëmsou méi dringend gétt;

Kann de Schäfferot eis soe wéi wäit Dir an der Planung sidd respektiv ob et eventuell Problemer ginn?

KLIMAPAKT

Eis Gemeng huet gutt ofgeschnidden am Audit vum KLIMAPAKT matt engem Resultat vun 68 %, dat war e wäite Wee an op dëser Platz wëlle mir der ganzer Equipe vum Service Environnement an dem zoustännige Schäfte Roger Negri MERCI soe fir dës gutt Performance.

D’Assisen am Juni dëst Joer hu vill Leit interesséiert, et ass vill diskutéiert ginn iwwert d’Theema „Selwer Stroum maachen a verwalten“ an d’Resultat sinn interessant Proposen; déi gréng proposéieren, datt dës Assisen all Joer solle stattfannen, iwwert dës Wee kënnen mir d’Awunner aus eiser Gemeng aktiv matabezéien an esou geet och d’Akzeptanz vu méi innovative Léisungen um Wee op eng CO₂-neutral Gesellschaft am Sënn vun enger Kreeslafwirtschaft an d’Luucht.

Wann een lech nolauschert, Här Buergermeeschter, kritt een awer deen Androck wéi wann Dir d’Instrument vum „Klimapakt“ géift a Fro stellen: Dir schwätzt vun engem „rigiden Instrument“, well, ech zitieren „se virginn, wéi eng Moosnamen ugerechent ginn“;

a weider behaupt Dir, datt ee mat „Etuden, Konzepter, Sensibiliséierung a Kommunikatioun“ den Artikel vum Klimapakt, ech zitieren nach eng Kéier, „kënschtlech opgeblose géif“!

Et ka jo sinn, datt Dir frustréiert sidd, well vill Projeten an eiser Gemeng net berücksichtegt ginn am Moosnamekatalog, an deemno keng Punkte kréien, par contre ass dës Virgab jo awer fir all Gemeng déi selwecht.

Muss den Usproch vum Klimapakt net si fir esou objektiv, kohärent an transparent wéi méiglech ze sinn, fir datt een eebe kann eng wëssenschaftlech fundéiert Analys maachen an och Vergläicher zéien?

De Succès vum Klimapakt beweist jo awer, datt eng gesond Konkurrenz tëschent de Gemengen entstan ass fir déi

klimarelevant Ziler ëmzesetzen, deemno kann een also, eiser Meenung no, dëst Instrument net méi a Fro stellen.

Wa mir déi Mamer Leit wëllen iwwerzeegen, dann ass et wichtig, datt de Schäfferot d’Engagement am Klimaschutz virliift an dëst net nëmme mécht fir Punkten ze kréien.

Mir begrëssen, datt dat nächst Joer „strategesch Konzepter a Managementsinstrumenter an de Beräicher Energie, Mobilitéit an Digitaliséierung“ virgesi sinn; mir weisen awer och op déi Etuden a Konzepter hin, déi am Audit vum Klimapakt proposéiert gi sinn: virop Konzepter fir Klimapassung, fir Ressourcenmanagement, a fir energieetesche Renovéierung vu Gemengegebaier. All dës Moosnaame brénge scho ganzer 26 Punkten am Moosnamekatalog.

Wéi all Joer hu mir awer keng konkret Chiffere fir déi Moosnamen, déi 2026 am Budget virgesi sinn. Et sinn 250.000 Euro am Budget, mee eisen – erhéichte staatleche – Subsid beleeft sech op 325.000 Euro. Kann de Schäfferot eis soen, wou genau de Reschtbetrag vu 75.000 Euro budgetiséiert ass dat nächst Joer?

NATURPAKT

Am Naturpakt leie mir bei 54,29 %, mir sinn der Meenung, datt mir nach méi konsequent kéinten d’Moosnamen ëmzesetzen.

Dofir froe mir, datt eis Gemeng déi gutt Zesummenaarbecht mam SICONA nach soll ausbauen; dëst ëmsou méi wann een de Budget vu 500.000 Euro gesäit an de Programm fir dat nächst Joer: Uleeë vu Biotoper a Fiichtgebieder, Blummewisen a Bongerten, d’Planze vu Beem, d’Ënnerstëtze vu Fauna a Flora, vill Natur a Sensibiliséierungsprojeten.

Bei esou engem groussen Invest ass et awer virun allem wichtig, sech eng kohärent Demarche ze ginn an dës och esou ze kommunizéieren: An dësem Zesummenhang komme mir nach eng Kéier op eis Propos betreffend engem „Erstellen vun engem PLAN VERT – Gréng Plang fir eis Uertschaften zeréck.

Mir hunn dofir eng MOTIOUN eragereecht, well mir op d’Wichtigkeet vum Schutz vun der Biodiversitéit an eisen Uertschaften opmierksam wëlle maachen an dofir sollt een sech eng Demarche ginn: Et soll eng Bestandsopnam gemaach ginn, wou eng Duerchgréngung an eisen Uertschafte méiglech a wichtig ass (z. B. mat Wärmebildkameraen, do kann een sech un der Stad Lëtzebuerg orientéieren, déi geziilt Wärmeselen identifizéiert hunn). Uschléissend solle prioritär Fläche gesicht ginn, wou een naturno Wisen, Hecken a Beem ka planzen.

Fir dës Projet zäitno ëmzesetzen, proposéiere mir e Büro domadder ze befaassen, deen enk mam SICONA misst zesummeschaffen.

PACTE LOGEMENT

Et kéint ee bal mengen, datt mir keng Wunnengsbaukris méi hätten, well ëm de pacte logement ass et roueg ginn, esou roueg datt mir säit der Stellungnam vum Buergermeeschter zu eiser Motion am leschten Dezember näischt méi héieren hunn.

Deemoos hutt Dir eis Erklärunge ginn, wat säit November 2023 mat den 3,8 Milliounen Partizipatioun vum Staat geschitt ass am Kader vum Plan d'action local. Dir hutt desweideren op e Retour vum Ministère gewaart, wat eng Rei Projete betrëfft. Kënnt Dir eis diesbezüglech haut Äntwerte ginn?

Op der anerer Säit begrëisse mir, datt den Aarbechtsgrupp betreffend der Upassung vum PAPQE respektiv PAG an d'Wee geleet ginn ass: dës Zesummenaarbecht verleeft an enger konstruktiver Atmosphär.

Déi gréng stinn hannert enger geziilter „Noverdichtung“ am Zentrum vu Mamer, dem Schafe vun alternative Wunnformen a virun allem der Mobiliséierung vun de Baulücken an eiser Gemeng; dëst sinn opwendeg Diskussiounen, well gläich 3 parties-écritë mussen ugepasst ginn.

Fir dësen Opwand ze stemmen, proposéieren déi gréng Mamer fir dësen Aarbechtsgrupp bäizebehalen an z. B. 3 bis 4 mol am Joer virzegesinn, fir esou all Parteien an dës wichteg Decisiounen matanzebeziehen.

Här Buergermeeschter, Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot,

Mir géifen et begrëissen, wann Dir eise Propose géift Rechnung droen, well d'Klimakris an de Verloscht vun eiser Biodiversitéit och net zu Mamer ophalen a mir alleguer Verantwortung droen: Op wat waarde mir nach, fir all méiglech Efforten ze maache fir eis Ëmwelt an Natur als eis Liewensgrondlag ze schützen an ze erhalen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Conseillère Georgia Drosou (déi gréng):

Monsieur le Bourgmestre
Madame et Messieurs les échevins
Chers collègues du conseil communal

Je vous remercie de me donner la parole, c'est un privilège de participer à ce débat important pour la vie de notre commune. Cette année-ci, également, j'aborderai surtout des questions qui me tiennent à cœur et qui relèvent de mon domaine d'expertise.

Je commence par une constatation générale positive parce que l'année dernière j'avais introduit mon intervention en exprimant mon inquiétude face à l'endettement de notre commune : cette année je pourrais parler d'une plus grande sensibilisation face à cette situation mais je ne répéterai pas les propos d'Adèle qui en a parlé de manière plus exhaustive. Je répéterai, tout de même, notre conviction qu'il existe toujours des marges pour élaborer des actions concrètes et réaliser des économies dans plusieurs domaines.

Mais avant d'entrer dans les détails, je tiens aussi à souligner notre appréciation pour l'acceptation de certaines de nos propositions. Nous saluons surtout la décision concernant l'aménagement du café intégratif dans le rez-de-chaussée du bâtiment Millénaire. Certes, après des va-et-vient qui ont duré un certain temps, mais la décision paraît définitive. En ce qui

concerne sa mise en place, nous aimerions avoir plus de détails sur le concept que vous envisagez. Nous - de toute manière - verrions dans cet exercice l'opportunité de donner le lead à la Maison citoyenne et d'impliquer davantage les commissions consultatives intéressées par ce projet. Nous aimerions également avoir plus de détails sur son impact budgétaire. Par exemple, la gestion du café sera-t-elle assurée en interne ou par un prestataire externe ?

Nous sommes évidemment d'accord avec l'idée d'aménager dans le bâtiment l'épicerie sociale, comme évoqué dans le conseil communal. Mais nous ajoutons une mise en garde : pensez à garantir une certaine discrétion et à protéger l'anonymat des utilisateurs. Le nouvel emplacement sera beaucoup plus central par rapport à l'emplacement actuel plus discret.

Un autre point positif est l'adoption de l'application hoplr qui compte déjà presque 700 abonnés.

Ce succès, ainsi que l'utilisation continue de l'application de Gemeng Mamer m'amènent à revenir sur notre exhortation de l'année dernière de revoir les habitudes de la commune concernant sa politique de communication avec les habitants. Pour rappel, nous avons mis en question l'envoi de tant de publications en papier à tous les habitants pour des raisons évidentes d'économies et de respect de l'environnement. Je répète donc notre proposition d'organiser un sondage auprès des ménages pour les interroger sur leurs vrais besoins. Nous ne revenons pas à ce sujet pour répéter la discussion de l'année dernière et surtout l'argument que le souci principal est de répondre aux besoins des personnes âgées qui sont censés préférer recevoir tout en papier. Notre but est d'appeler à une réflexion de fond. Sans données concrètes collectionnées de manière systématique et plus « scientifique » il est difficile de prouver quoi que ce soit. Les témoignages anecdotiques que j'ai eu l'occasion de recueillir encore cette année, surtout grâce à ma participation à la commission de vivre ensemble interculturel, me laissent sceptique sur l'efficacité même de la politique de communication « maximaliste » actuelle. Le taux de participation, même à des activités a priori très attrayantes, ne semble pas dépendre de l'envoi des flyers à tous les ménages.

Dans le même ordre d'idée, je reviens sur notre proposition d'entamer une discussion approfondie sur nos plateformes de communication en général. Le Gemengebuet reste toujours une publication démodée qui ne reflète pas l'esprit moderne et le niveau esthétique auquel semble aspirer notre commune, à en juger par la plupart de nos actions culturelles.

Les réseaux sociaux dans la commune et le Gemengebuet sont utilisés majoritairement pour diffuser des photos, surtout des politiciens de la majorité, je serais tentée d'utiliser presque le terme « culte de personnalité ». Mais nous sommes d'avis que surtout l'équipe du bourgmestre et les échevins n'ont pas vraiment besoin d'une telle exposition : il serait plus productif dans le long terme de donner la place aux gens, aux projets et initiatives de la commune, mettre en valeur l'engagement des bénévoles et de nos associations et clubs et d'aborder des thématiques spécifiques de manière plus créative et originale. Nous réitérons donc notre idée de constituer un groupe de travail qui réfléchirait, ensemble avec les services de la Commune responsables, sur un nouveau concept pour cette

publication, qui pourrait devenir ainsi un vrai outil d'information et de communication digne des ambitions de la commune de Mamer.

D'ailleurs, ma perception concernant l'excès - surtout en nombre - d'événements dans la commune s'est encore consolidée depuis l'année dernière. Il est still « too much of a good thing », comme nous l'avions critiqué la dernière fois. Reprenant l'idée d'esthétique que je viens d'évoquer plus haut, je répète qu'il faut privilégier la qualité plutôt que la quantité, ce qui sera même au profit de l'image de la commune, dans le long terme. Nous sommes tous reconnaissants des efforts déployés par le personnel de la commune pour faire face à l'organisation et le suivi d'une telle pléthore d'événements ; aidons-les à concentrer leurs efforts à des actions qui ont un sens et une cohérence.

Ce concept m'amène d'ailleurs au dernier point de mon intervention, le travail des Commissions consultatives, que j'ai encore abordé la dernière fois et que j'ai eu la possibilité d'observer encore mieux le long de cette année.

Dans la présentation du budget la vie associative riche de Mamer est soulignée à plusieurs reprises et constitue à juste titre une source de fierté. Nous sommes tout à fait d'accord sur le principe. Mais ici aussi j'ajouterais le besoin de veiller à une approche « nohalteg » et mesurée. Dans ce but il faut que les activités aient un sens. Tout le monde gagnerait en qualité et cohérence si les commissions communiquaient (plus) entre elles pour (mieux) coordonner leurs activités et éviter le risque de double emploi et de concurrence. Nous proposons donc d'instaurer une sorte de coordination du programme des commissions : les présidents et secrétaires devraient se rencontrer à rythme semestriel pour coordonner leurs actions sous l'égide de la maison citoyenne.

Enfin, je voudrais proposer une initiative qui pourrait encourager les habitants de la commune de s'intéresser davantage au processus décisionnel : diffuser les séances du conseil communal en ligne avec un sous-titrage simultané qui permettrait aux habitants (notamment les non luxembourgeois) de suivre les délibérations. Avec les progrès de la technologie je suis sûre qu'il existe déjà des possibilités pour le faire.

Je termine sur une note positive : je constate une amélioration de l'ambiance au sein du Conseil Communal et je m'en réjouis. Étant toujours nouvelle dans la vie « politique » j'ai besoin de sentir que notre but est surtout de travailler ensemble pour améliorer la vie des habitants de notre commune. Cette ambition est ma motivation principale pour être ici et je me vois comme une sorte d'ambassadeur de bonne volonté surtout auprès de gens comme moi qui auraient un jour envie de s'engager plus dans la vie de la commune.

Nous remercions tous les membres du conseil communal pour leur engagement et leur travail dans ce budget.

Je vous remercie de votre écoute.

Conseillère Djuna Bernard (déi gréng):

Léif Kolleegeen, léif alleguer,

Ech wëll a mengem Deel vun der Budgetsried iwwer déi Mënsche schwätzen, déi een oft net genuch héiert.

Ugefaang mat den Allerklengsten an der Gemeng – et ginn 393 Kanner am Alter vun 0 bis 4 an eiser Gemeng. Fir si ginn et insgesamt 13 Crèchen. Awer just 2 dovun si konventionéiert Crèchen a bidden deementspriedend eng aner Berechnungsformule u fir d'Präsenz vun de Kanner en compte ze huelen. An de Privatcrèchë bezuelen d'Elteren ee forfaitaire Präis, deen oft dës Strukture vill méi käschtenintensiv mécht wéi déi konventionéiert.

Natierlech kann een d'national Politik kritiséieren, dass et generell e Mangel u Betreuungsplaze gëtt, an och dass et en dualen 2-Klasse-System gëtt tëscht private Strukturen a konventionéierten.

Allerdéngs muss eppes genau hei – am Gemengerot vun enger Gemeng, déi vill op sech hält wat Servicer fir Kanner ugeet – gesot ginn: Et ass och en aktive kommunale Choix fir konventionéiert Crèchen en place ze setzen.

E Choix, deen notamment vum Staat generéis finanziell begleet gëtt. Mee et ass awer an éischer Linn och eng Fro vu politeschem Wëlle vun enger Majoritéit. Dëse Wëlle war an der Vergaangenheet éischer retizent ze spieren an d'Zuele vun 88 konventionéierte Plazen zu 360 net konventionéierten am Klengkandberäich beleeden dat och.

Déi gréng Mamer wëllen op dëser Plaz nach emol ausdrécklech eis asetze fir méi konventionéiert Crècheplazen an eiser Gemeng. Et ass eng Fro vu Chanceregerechtgeet fir all eis Bewunner – an ech encouragéieren de Schäfferot déi annoncéiert „éischt Iwwerleeungen“ fir d'Schafe vun enger zousätzlecher Crèche an dësem Sënn ze féieren an de Gemengerot iwwer de Fortschrëtt vun dësen Iwwerleeungen um Lafenden ze halen.

Dës éischt Iwwerleeunge waren d'ailleurs scho mol méi wäit, notamment wéi der ÄR Schäfferotserklärung virun 2,5 Joer hei formuléiert hutt. Deemools gouf schonn d'Paschtoueschhaus an d'Spill bruecht, wat eidel steet. Haut da mol „éischt Iwwerleeungen“? Wat genau heescht dat?

Ass dat hei e Spill op Zäit oder besser e Spill mam Budget? Mir hoffen op alle Fall dass d'Spuerefforten – net op Käschte vun de Kanner an der Chanceregerechtgeet vun alle Familljen an der Gemeng gemaach gëtt.

Eebe grad, well mer elo 2026 an d'Halbzeit vun Ärem Mandat kommen – ass et natierlech och hei spannend ze liesen, wat der annoncéiert hutt a wat bis elo ëmgesat gouf. Ech profitéieren dofir fir nozefroen, wéi et ausgesäit mat der Bëschcrèche am Parc zu Capellen, déi der och deemools ugeduecht hutt. Vlächent kënt Der dës d'ailleurs och an ÄR Iwwerleeunge mat abezéien.

Ech kommen eriwwer bei déi méi al Kanner. Mir wëssen, dass e groussen Deel vum Budget an d'Infrastrukture fir d'Schoulen an d'Maison Relais fléissen a kennen un, dass mer eng ausgeprägten an héichqualitativ Offer fir d'Kanner aus der Gemeng hunn. Deementspriedend hu mer och d'Projete fir den Ausbau vun der Kichen an dem Sanitär vu Precoce a Maison Relais matgestëmmt. Méi Informatiounen géinge mer

awer scho gär héieren iwwer Är Annonce vun enger 4. Maison Relais um Site Kinneksbond. Wou soll déi hikommen? Fir wéi eng Altersgrupp? Wat ass de geplangten Timing a mat wéi vill Budget rechent Der graff iwwer déi kommend Joren?

Desweidere wëlle mer gär hei eng Iddi erabrénge. Et geet ëm d'Ernährung an d'lesse vun de Kanner an der Gemeng. Sëllege vun hinne profitéiere vun der Mëttesstonnenoffer an der Maison Relais. Hei gëtt et e flotte Programm, dee vum Sicoa entwéckelt gouf. Hei si mir jo eng engagéiert Membersgemeng a schaffen a villen Domainë gutt mat hinnen zesummen. De Programm heescht „Natur genéissen“ – a fërdert eng gesond, nohaltig, regional a biologesch Ernährung mat Produiten aus der Regioun. Nohaltgkeet fänkt um Teller un – an dat sollen eis Klengst an der Gemeng scho fréi selwer erausfannen a vun héichqualitativem lesse profitéieren – a sou och nach d'Landwirtschaft aus der Regioun ënnerstëtzen. Dofir deposéiere mer eng Motioun, déi d'Participatioun un dësem Programm soll fir eis Maison-Relais erméiglechen.

Weider geet et bei eis Jugend – Dir hutt Recht, Här Buergermeeschter – ob d'Jugendkommissioun oder d'Jugendhaus – fir eis Jonk gëtt vill gebueden – et mécht Freed hei zu Mamer grousst ze ginn – ech kann dat selwer bezeien. Mir waren alerdéngs e bëssen negativ iwwerrascht fir ze gesinn, dass de Budget vum Jugendhaus erofgeet – notament wat d'Personal ueget.

Hei wiere mer frou, Erklärungen ze kreien an erënneren lech och dru fir Äert Versprieche vum Jugendgemengerot wouerzemaachen. Dee sollt jo zesumme mam Jugendhaus developpéiert ginn. Aus Erfahrung weess ech, dass dozou och déi neideg personell Ressourcen néideg sinn. Wéi gesäit et domat aus?

Wat mer leider och am Budget bis elo vermësst hunn, ass d'pluridisziplinär Ekipp un Educateuren, Psychologen a Léierpersonal fir d'mental Gesondheet vun eise Kanner a Jonken – dat war eng wichteg Annonce, déi Dir deemools gemaach hutt a mir wollten nofroen, wéini Dir plangt dat ëmzesetzen an ob och hei schonn „éischt Iwwerleeunge“ gefouert ginn?

Ech kommen eriwier bei en Häerzenssujet vu mir – der Solidaritéit mat Mënschen, déi aus hirer Heemecht hu misse flüchten. Hei si mer an enger nationaler Urgence an de Familljeminister war och bei lech komm fir ze kucken, wou d'Gemeng Mamer ka solidaresch mathëllefen. Virun e puer Wochen hutt der mer an enger Sëtzung gesot, dass eng kleng Struktur kéint méi kuerzfristeg envisagéiert ginn. Dëst begrësse mer – hunn alerdéngs näischt dozou am Budget fonnt. Hei wiere mer frou, wann dës Annonce keng eidel war, mee der dëst – an Zesummenaarbecht mat eise kommunale Servicer an am Dialog mat de Bierger kënn verwicklechen.

Eis kommunal Servicer sinn och schonn eng Rei Joren domat beschäftegt, fir eis Gemeng méi accessibel ze maachen. D'Accessibilitéitsgesetz verlaangt dat och esou vun eis an esou stinn dëst Joer erëm 30.000 Euro am Budget fir d'Frais d'études. Dës Etüde waren d'lescht Joer awer och scho budgetiséiert n mir froen eis soulues, wéini mer aus der Etüdephas an eng Ëmsetzungsphas kommen? Hei wëlle mer méi Informatiounen hunn – well spëtstens déi puer vun eis heibannen, déi um In-

klusionsfest getest hunn, wéi et ass am Rollstull iwwer Hindernisser mussen ze fueren – déi wëssen, wéi schwéier et ass – an den Delai fir d'Upassung réckelt lues awer sécher méi no.

Ofschléissend wëll ech awer och nach e Luef ausschwätzen. E Luef zur automatescher Ausbezuellung vun der Allocation de vie chère an eiser Gemeng. Heiansdo wierkt Oppositionspolitik jo awer – an dat mécht eis frou – mee virun allem all déi betraffe Stéit, déi elo einfach an ouni grousst Hürden déi Hëllef kréien, déi se zegutt hunn.

An dass d'Gemeng d'Decisioun geholl huet fir de kommunalen Top-up ze erhéien, dat begrësse mer ausdrécklech.

Här Buergermeeschter, mir hate scho Budgetsdiskussiounen, déi méi sec waren. Wou mer mat vill Kappreselen Äre Budget analyséiert hunn. Bei verschiddenen Artikelen ass dat nach ëmmer sou. D'Importanz, déi Dir op d'Kommunikatioun vun Ären eegene Fotoe leet, oder den Eventmarathon, deen iwwert d'Joer sech an de Veräiner Konkurrenz mécht, ass a bleift fir eis eng Politik, déi einfach „too much“ ass.

Mir mengen, dass manner eeben och méi ass, datt een a puncto Liewensqualität a flotten Offeren eppes bidde kann, ouni Reklammen am ganze Land ze schalten an no der Philosophie „the bigger the better“ – dann awer och vill Suen an ugespaante budgetären Zäiten auszeginn.

Dass mer um Niveau vun der Ëmwelt an dem Klimaschutz méi erwaarden an lech och ëmmer rëm wäerten drun erënneren, ass evident. D'Ambitioun héichzehalen a vun lech ze fuerderen, méi Efforte fir eng méi nohaltig Gemeng ze maachen, läit an eiser Natur – ob dat bei der Begréngung vun eisen Uertschaften, dem Klimaupassungsplang, dem Wandrad oder méi Vëlosweeër ass. Mir wäerten och am nächste Joer mat Motiounen, Froen a Proposen lech heiru moossen.

Et muss een awer agestoen, dass mer och mierken, dass mer als Opposition net ëmmer op daf Ouere stoussen. Verschidde Kriticken u vergaangene Budgete schéngt Dir lech zu Häerz geholl ze hunn – a mir erkennen dat un.

Eng ganz Rei Ustéiss ginn op déi gréng Mamer zeréck an dat fanne mer gutt. Wéi meng Kolleegin d'Georgia richteg sot: um Niveau vum Aarbechtsklima heibanne sinn Efforte gemaach ginn.

Fir eis ass eppes evident: Et muss méiglech sinn an eiser Gemeng – fir eis Gemeng Politik ze maachen – ze kritiséieren, wou et néideg ass – Iddien an Argumenter auszetauschen – mol Recht ze kréien oder och net – an trotzdeem kollegial mateneen ze schaffen.

Dat war net ëmmer sou – et ginn nach ëmmer Momenter, wou d'Opposition bausse vir gelooss gëtt oder just op der allerleschter Foto ze gesinn ass. Mir hoffen, dass déi verbessert Kooperatioun an där richteger Richtung weidergeet.

Dofir gj mer lech haut e kleng Vertrauensvirschooss – esou wéi een an de Bësch ríft – schaal et zréck – hutt Dir eemol gesot, Här Buergermeeschter – da kucke mer mol, ob dat esou ass. Déi gréng Mamer wäerte sech dofir dëst Joer beim Budget enthalten.

Bürgermeister Luc Feller (CSV) antwortet ausführlich auf die vorangegangenen Stellungnahmen der Grünen. Er dankt den drei Sprecherinnen der Oppositionspartei für ihre Wortmeldung, stellt jedoch direkt klar: In manchen Punkten mag man sich annähern, in anderen bleibt man unterschiedlicher Meinung – das sei völlig normal in einem demokratischen Diskurs.

Was die finanzielle Lage der Gemeinde betrifft, widerspricht Feller der Lesart der Grünen. Aus Sicht des Schöffensrats steht die Gemeinde Mamer auf soliden Beinen – das lasse sich nicht nur intern, sondern auch im Vergleich mit anderen Gemeinden belegen. Der Fokus liegt auf dem sogenannten „ordentlichen Überschuss“, also dem, was am Ende des Jahres nach Deckung aller laufenden Ausgaben übrig bleibt. Dieser sei stabil und ermögliche es, die Gemeinde auch weiterhin kreditwürdig zu halten und die Investitionskraft zu sichern. In den letzten 20 Jahren seien fast 600 Millionen Euro investiert worden – unter anderem in moderne Infrastrukturen, wie die 14 Gebäude des Schul-, Sport-, Kultur- und Betreuungskomplexes am Kinneksbond. Diese seien ein sichtbarer Ausdruck des Anspruchs, insbesondere jungen Familien ein attraktives Lebensumfeld zu bieten. Dies ermögliche den Kindern in Mamer beste Möglichkeiten in der Schule zu bieten. Dies erlaube jedem Kind an dem Musikunterricht teilzunehmen. Dies ermögliche jedem Kind das Schwimmen zu erlernen. Dies sei der Grund, dass die Kinder in der Gemeinde einen Platz in der Maison Relais erhalten.

Luc Feller macht kein Geheimnis daraus, dass nicht alles immer wie geplant laufe – zum Beispiel beim Café intégratif im geplanten Neubau am Kinneksbond. Die Gemeinde ist dort nicht Bauherr, sondern auf die Entscheidungen der SNHBM angewiesen. Verzögerungen seien frustrierend – nicht nur für den Schöffensrat, sondern auch für den Sozialdienst und alle potenziellen Nutzer der neuen Wohnungen. Trotzdem bleibe man am Ball, auch bei der Konzeption des inklusiven Bürgercafés: Dieses soll mit der Maison Citoyenne und drei beratenden Kommissionen gemeinsam entwickelt werden. Wichtig sei dem Bürgermeister vor allem eines: Der Ort solle organisch wachsen, im Idealfall „von den Bürgern selbst mit Leben gefüllt werden“ – Schritt für Schritt, ohne starre Vorgaben von oben.

Ein weiteres Thema: die geplante Mobilitätsstudie und der sogenannte „Shared Space“ im Ortszentrum. Luc Feller ist zurückhaltend. Zwar habe ein Planungsbüro bereits Vorschläge gemacht, doch Fragen zur regionalen Verkehrsverlagerung seien unzureichend beantwortet worden. Solche Fragen müssten geklärt sein, bevor man Entscheidungen treffe. Es bringe nichts Straßen im Zentrum der Ortschaft für den Autoverkehr zu schließen, wenn dieser Verkehr dann durch andere Straßen in Mamer fährt.

Auch auf die Kritik am Klimapakt reagiert er ausführlich. Ihm gehe es nicht um Punkte, sondern um reale Fortschritte: „Ich will nicht nur Etüden machen, weil sie im Klimapakt viele Punkte bringen, sondern weil sie der Umwelt tatsächlich etwas bringen.“ Manche Projekte erfüllten die Anforderungen des Pakts formal nicht, obwohl sie einen enormen Effekt hätten. Das müsse man in der Bewertung berücksichtigen. Dennoch betont Feller, dass die Gemeinde konkrete Maßnahmen umsetze – zum Beispiel energetische Sanierungen, naturnahe Begrünungen oder Bildungsprojekte in den Maison Relais.

Diese sind auch Thema in einem der umfangreichsten Debatteblöcke der Sitzung. So geht es etwa um geplante Neubauten für Kinderbetreuungseinrichtungen, die Erweiterung der bestehenden Küche, Standortfragen rund um das Paschtoueschhaus oder konventionierte Kindertagesstätten in Zusammenarbeit mit Mamaranus.

Auch das Thema „Natur genießen“ wird erneut diskutiert: Die Grünen hatten eine Motion eingereicht, um eine Zertifizierung nach den SICONA-Kriterien zu erreichen. Der Bürgermeister zeigt grundsätzliches Verständnis, verweist aber auf praktische Hindernisse – vor allem den enormen Verwaltungsaufwand und die fehlende Personalkapazität bei SICONA selbst. Die Ergebnisse der Audits seien gut, aber nicht vollständig – es hapere vor allem an der lückenlosen Dokumentation, die gefordert werde.

In der Debatte wird deutlich: Beide Seiten nähern sich an, ohne dass eine abschließende Entscheidung gefällt wird. Die Grünen signalisieren, dass sie bereit sind, ihre Motion zurückzustellen, um sie zu einem späteren Zeitpunkt erneut einzubringen. Feller nimmt das an und kündigt an, die Gespräche mit dem Betreiber (ARCUS) und SICONA wieder aufzunehmen.

Roger Negri (LSAP) ergänzt technische Details zum Naturpakt, verweist auf bestehende Strategiepapiere aus dem Jahr 2023 und wiederholt, dass viele Maßnahmen bereits in Umsetzung seien – etwa Baumpflanzungen, Mikro-Wälder oder Förderungen für die Umgestaltung von Vorgärten.

Adèle Schaaf-Haas (déi gréng) erklärt, dass der aktuelle „plan vert communal“ aus dem Jahr 1992 stammt – also über drei Jahrzehnte alt – und nicht mehr zeitgemäß sei. Sie fordert mehr Systematik in der Umweltpolitik und schlägt Pilotprojekte wie Wärmebildkameras vor, um Wärmeverluste sichtbar zu machen und gezielt Sanierungsanreize zu geben. Auch diese Idee wird von Luc Feller (CSV) grundsätzlich begrüßt.

Conseillère Elaine Jensen (LSAP):

Här Buergermeeschter,
Léif Kolleege,

D' LSAP gesäit mat Satisfaktioun, datt eis Gemeng op stabilen finanziellen Féiss steet, an domat weider zukunftsorientéiert schaffen kann. Ab 2026 hu mir en ordinäre Boni vu 15 Milliounen Euro, deen an den nächste Joren och nach wäert an d'Luucht goen.

A wéi de Buergermeeschter et gesot huet, erlaabt dat eis weider un eiser Gemeng ze schaffen:

- wou d'Leit gäre liewen,
- wou d'Biergerinnen a d'Bierger sech wuel fillen,
- wou d'Kanner op modern Schoul- a Betreuungsinfrastrukturen ziele kënnen,
- mat vill Fräizäitméiglechkeete fir all Alter an all Kultur.

Mee Mamer ass a bleift och eng Gemeng, déi no bei der Natur ass an déi hir sozial Aufgaben eescht hëtt.

À propos sozial: Fir d'LSAP ass et besonnesch wichteg, datt mer eng Reform vun der Allocation de Vie Chereduerchsetze konnten.

Déi Zoulag ass jo fir all Persoun aus eiser Gemeng, déi vum staatleche Fonds national de solidarité gehollef kritt. Ab 2026 gëtt dës staatlech Hëllef endlech automatesch ausbezuelt, ouni mussen eng Demande ze maachen, wat richteg gutt ass!

Mir begrëssen ausdrécklech, datt de kommunale Complément op 35 % vun der staatlecher Hëllef erhéicht gëtt. Vlächtt kann een an de nächste Joren dee Pourcentage nach eropsetzen.

Och wëlle mir onbedéngt mat eisem Office social régional eng Kooperatioun mat sozialer Nutzung an engem Deel vun de fräie Flächen am SNHBM-Millénaire-Gebai. De Buergermeeschter huet d'Épicerie sociale genannt; d'LSAP géif et ënnerstëtzen, wann aus där Iddi eppes géif ginn.

A mir stinn natierlech voll a ganz hannert dem Begéinungscafé, also dem Café communautaire vun der Maison citoyenne. Mir brauchen onbedéngt esou eng Plaz!

D'LSAP ass och houfreg, datt eis Biergerinnen a Bierger am Kader vum Budget participatif zwee flott Projeten ofstëmme konnten. Déi ginn och d'nächst Joer konkreet ëmgesat: engersäits den neien Hondsterrain am Parc Brill an andersäits engdigital Tafel um Busarrêt Hireknapp op der Cap.

An der Schoul konnten d'Kanner sech och am Kader vun hirem Budget participatif e puer Wënsch erfüllen, wéi de Bau vun enger Klunsch, d'Uschafe vu spezifeschem Spillmaterial fir an der Paus, an eng „Babbelbänk“, wat ech immens flott fannen.

Fir mech war et ëmmer e perséinlecht Uleies, dass d'Hoplr-App an eiser Gemeng agefouert gëtt. Si mécht den Austausch tëscht de Léit an eiser Gemeng vill méi einfach.

Mer wëllen och weiderhin d'Integratioun an d'Inklusioun vun eiser internationaler Community, eisen auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger fërderen duerch e villfältigt Fräizäitangebot.

Beim Pakt vum Vivre Ensemble gouf en „Diversity Brunch“ organiséiert wou 120 Leit komm sinn. E volle Succès! Do goufe vill gutt Virschléi gemaach an zesumme mat der Kommissioun wäerten déi bescht Iddien ëmgesat ginn. Dennächste Workshop ass an der Planung.

Natierlech hu mir och flott Kultur- a Sport-Events. Zum Beispill d'Wintermoments an am Summer hu mir jo och e volle Programm, net nëmmen zu Mamer, mee och op der Cap an zu Holzem. Zu Holzem hate mir de 15. August dat flott Duerffest op der schéiner Place de la Résistance, an op der Cap am Parc de Loisirs. Déi mussen onbedéngt weidergefouertginn.

Zur Integratioun gehéieren och Sproochcourse wéi Lëtzebuergesch, Englesch, Franséisch, Italieenesch, Spuenesch an e Gebäerdesproochcourse op Däitsch. Als Sekretärin vun der Kulturkommissioun ass et fir mech wichteg fir nei Coursen ze proposéieren.

Och eis nei Schwämm huet grouse Succès mat flotte Schwammcourse wéi Aquagym, mee och fir déi kleng mat de Baby-Schwammkursen.

Datt all Kanner, wann d'Eltere wëllen, weider an d'Maison Relais goe kënnen, ass a bleift eng zentral Prioritéit vun dëser Majoritéit, a mir ënnerstëtzen domat all weideren néidegen Ausbau.

Bei de Jonke mécht eis de Chomage nach ëmmer vill Suergen an dofir muss de Service „Youth & Work“ fir Jonker tëscht 16 an 29 Joer onbedéngt weidergoen.

Fir eis eeler Matmënschen iwwer 70 Joer erméiglecht d'Konventioun „a.s.b.l. Aarbechtshëllef „eng geziilt a gratis Ënnerstëtzung am Alldag, wéi Schnéischëppen oder Heckeschneiden.

Hei gëtt et fir Senioren iwwer 65 Joer e Subsid vu maximal 250 Euro pro Joer fir privat Déngschter bei dësen Aarbechten.

Hausaufgabe si fir vill Kanner mat auslänneschen Originellen dacks ganz schwéier eleng ze maachen. Duerfir ass eis de Projet Super Senior och sou wichteg, wou eeler Leit mat vill Experienz deene Kleng bei den Hausaufgabe kënnen hëllefen. Erfahrung meets School kann een hei soen, an de Projet encouragéiert natierlech ganz niewebäi datintergenerationellt Zesummeschaffen an Zesummeliewen.

D'Kanner, d'Elteren, an déi sougenannte Super-Seniore profitéieren all vum Projet, deen d'Integratioun an d'sozial Inklusioun promouvéiert. Dëse Projet gouf mat Erfolleg opgeholl; insgesamt 8 sougenannt Super-Senioren deelen de Moment hiert wäertvollt Wësse mat 17 Kanner. Dat ass scho ganz gutt a mir hoffen natierlech, datt et der nach méi ginn.

De Beräich vun eisen eelere Matmënsche läit mir besonnesch um Häerz. Grad well Einsamkeit hei eng grouss Roll spillt. Vill, ganz vill eeler Léit sinn eleng – an dat ass tragesch. Leit, déi eleng sinn, kommen net bei de Bingo oder den Thé Dansant, well se kee kennen.

Wéi kéinte mir hinnen also hëllefen?

Fir mech ass dat eng immens wichteg Fro, zumools well Einsamkeit een direkten negativen Impakt op déi mental a kierperlech Gesondheet huet. Ech wier frou, wann d'Gemeng sech mat där Fro méi intensiv géif beschäftegen.

Dir Dammen an Dir Hären, leif Kollegeen,

Déi Haaptchiffere vum Budget sinn elo schon oft genannt ginn, an ech brauch se net ze widderhuelen.

De Budget beweegt sech, wéi gesot, am Beräich vun engem ordinäre Boni vu 15 Milliounen. Dat ass fir eis e séchert Zeechen, dass eis Gemengefinanze gesond sinn, an d'Investissementer och d'nächst Joer kënnen gemaach ginn ouni neien Emprunt. Dat ass eng gutt Entwécklung a puncto Finanze fir eis Gemeng.

Leider huet sech déi international Lag am Joer 2025 nach méi verschlëmmert duerch déi schrecklech Kricher an der Ukrain, am noen Osten an am Sudan.

Als Gemeng weise mir eis weiderhi solidaresch mat alle Leit an Nout, a mir ënnerstëtzen, wéi all Joer, zwee Projete finanziell. Dëst Joer hu mir am Groupe interfractionnel dës 2 Projeten erausgesicht:

National ass et d'Association Thérapie équestre asbl (atelux.lu). An international ass et dee vun der Fondation Docteur Elvire Engel am Burkina Faso.

Der Finanzkommissioun e grouse Merci fir hir Rapporten, Merci och dem Nico Bontemps a sengem Service fir d'Ausschaffe vun allen Dokumenter zum Budget.

An domat ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zum Budget rectificié 2025 an dem Budget initial 2026.

Merci fir d'Nolauschteren.

Conseiller Sven Bindels (DP):

Här Buergermeeschter,
Dir Damm an Häre Schaffen an dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot,

An Ärer Budgetsried definéiert Dir d'Ziler vum Schäfferot. D'Ziler vun der DP si sécherlech och:

Eng Gemeng, wou Léit gäre liewen.
Eng Gemeng fir all Alter an all Kultur.
Eng Gemeng, wou Bierger sech wuel spieren.
Eng Gemeng, wou Kanner op modern Schoul- a Betreuungsstrukturen ziele kënnen.
Eng Gemeng, déi vill Fräizäitméiglechkeete bitt.
Eng Gemeng no bei der Natur.
Eng Gemeng, déi hir sozial Aufgab eescht hält.
Eng Gemeng, wou Nopere sech an hirer Fräizäit gäre begéinen.
Eng Gemeng, déi do ënnerstëtzt, wou flott Initiativen entstinn.
Eng Gemeng, déi do hëlleft, wou de Besoin ass.

All dës Ziler ënnerstëtzt DP mat, wat ee reegelméisseg an de Gemengerotsséizungen erlieft. Mir üben ëmmer konstruktiv Kritik aus fir dat beschtméiglechst aus all Projet ze maachen. Vill Projete stoungen och an eisem Walprogramm a mir si frou fir mat eisen Iddien zu enger attraktiver Gemeng bäizedroen.

Duerch dës Attraktivitéit wëlle vill Léit an d'Gemeng wunne kommen, jo. Den Zouwuess vun der Gemeng, dee méi wéi 1 % iwwert dem nationalen Duerchschnëtt läit, läit awer och un eise grouse Lotissementer. Mam PAP Wéltgebond deen haaptsächlech vum Fonds de Logement gebaut gëtt ass et schwéier virauszugesinn, ausser de Fonds de Logement nennt eis Zuelen, wéi vill Kanner an dës Wunnenge kommen, fir déi néideg Infrastrukture wéi Schoul, a Maison Relais ze plangen. Hei kann een an Zukunft kucke fir esou grouss Lotissementer a Phasen ze bauen, dass d'Leit net all zesummen eraplënnere. D'Phasagepläng vun alle Lotissementer missten och esou opgestallt ginn, dass d'PAPen net all zesumme fäerdeg gij fir esou den Zouwuess besser ze kontrolléieren. Dës Aufgab kéint och dee vun der DP säit Jore gefrote Koordinatiounsservice am techneschen Déngscht iwwerhuelen. Dës Service wär och do fir Chantiere méi effektiv ze plangen a fir Sécherheet an der Gemeng ze garantéieren. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem ganzen techneschen Déngscht Merci ze soe fir hire virbildlechen Asaz fir d'Gemeng Mamer.

Wéi déi Jore virdru baut Dir d'Finanzéierung vun de Projeten op de Bevëlkerungswuesstem an déi doru gekoppelt Recette vum

Fonds de Dotation Global des Communes (FDGC) op. Och den Impôt Commercial Communal (ICC) ass eng wichteg Recette. Wat gëtt gemaach fir d'Attraktivitéit fir d'Betribler ze fërderen? D'Steierlaascht erfzesetzen haten d'Majoritéitspartei jo am Walkampf annoncéiert.

Schliisslech maachen den FDGC an d'Gewerbsteier ronn 80 % vun den ordinären Einnamen aus.

D'DP begréisst ausdrécklech Är ugekënnegt „virsichteg Ausgabepolitik“ a mir loosse eis an Zukunft gären iwwerzeegen, dass dës keen eidelt Versprieche ass.

Mir begréissen, dass a modern Infrastrukture fir Familljen, an den Natur- a Klimaschutz wéi och an d'Integratioun investéiert gëtt.

D'DP begréisst, dass all Kand eng Platz an enger Maison Relais kritt an dat soll och esou bleiwen. Dofir hu mir de Bau vun enger neier Schoul a Maison Relais op der Cap gäre matgestëmmt, grad esou wéi aner Projeten, wéi z. B. d'Museksschoul, d'Schwemm, wat eng DP-Fuerderung säit 1999 war, an eng nei Kläranlag, well dës Investitiounen néideg waren.

Modern Infrastrukturen, e puer erausgepickt, wéi d'Cogeneratiounsanlage, Stockageräim fir Veräiner, Reamenagementer vun der Holzemer Place de la Résistance a vum Capellener Parc des Sports et des Loisirs hu mir gäre matgedroen, well se eis Uertschafte méi attraktiv a liewenswäert maachen.

Mir sinn och frou, dass dës Joer e Fest zu Holzem war, esou huet elo all Uertschaft an der Gemeng hiert Duerffest, eng weider Iddi, déi an eisem Walprogramm stoung, a mir och schonn e puer mol an eise Budgetsriede gefrot hunn.

De Wëllebau ass fäerdeg an domat och deen éischten interfraktionelle Projet, wou ech als Verrieder vun der DP hunn dierf matwierken. Merci.

Dës Projet ass ee gutt Beispill, dass een och mat der Oppositioun zesummeschaffe kann a mir wënschen eis an Zukunft méi där Méiglechkeeten.

D'DP freet och scho säit Laangem e Sportkomplex. Wéi laang ginn d'Kapazitéiten an den Halen, Fussball- an Tennisterrainen nach duer, dass all Kand an eiser Gemeng seng Sportart kann ausüben?

De Fussball soll nei Vestiaire kréie. Beim Vote fir de synthetesch Belag um Haaptterrain hate mir scho proposéiert fir op der Plaz vun Tribün a Buvette eng modern Infrastruktur fir VIP-Raum, Ausschank, Grill, Stockageräim an integrierte Vestiaires ze bauen. Vlächicht préift dir jo d'Machbarkeet vun dësem Projet.

D'DP begréisst den Iwwerdaach um Terrain 2, och wa mir skeptesch bleiwen, ob een dodrënner drësche bleift.

Jo, d'Funktionskäschte vun der Schwemm sinn héich, mee mir si frou, dass all Kand an der Gemeng ka schwamme léieren an dass d'Schwemm och week-ends fir de Public op ass.

Mobilitéit ass eis och immens wichteg a mir bedauern, dass mir an dësem Dossier net vill héieren an dass mir d'Gefill hunn,

dass och näischt geschitt fir d'Mobilitéitskonzept ze verbesseren, wat onbedéngt néideg ass an eiser Gemeng.

Jo, mir hunn e Vel'oh System, mee eis Vélosweeër sinn deelweis net matenee verbonnen oder geféierlech ze fueren. Hei besteet Handlungsbedarf.

Jo, mir hu Flex-Carsharing-Stationen, mee hei ginn d'Clienté méi Suen aus fir am Stau ze stoen, wéi dass se fuere kënnen.

Am Budget ordinaire sti 7,56 Milliounen Euro fir Syndikater. Hei kënnt eng zousätzlech Laascht vis-à-vis vum leschte Joer vu 462.000 Euro op d'Gemeng duer. Mir als DP fannen et schued, dass mir weider ni Informatiounen vun eise Verrieder an de Syndikater kréien. Mir wollten hei e klengen Opruff maachen, dass dëse Punkt reegelméisseg um Ordre du jour vum Gemengerot kéint stoen. Schliisslech ass den zousätzleche „congé politique“ ausschliisslech der Majoritéit zougesprach ginn.

Dem Personal vun der Gemeng, wat ëmmer héich motivéiert ass a wat mat hirer Qualifikatioun jidderengem hëlleft, wëlle mir op dëser Platz en décke Merci fir hir professionell Aarbecht ausdrécken.

Conseillère Jessica Klopp (DP):

Här Buergermeeschter,
Madamm an Dir Häre Schaffen, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot,

Dat lescht Joer hu mir an eiser Budgetsried nach iwwert Spuere geschwat an eis gefrot, wéi mir, oder besser gesot Dir deene Scholden, déi Mamer bis dohin ugesammelt hat, wollt Meeschter ginn a bis wouhinner de Schäfferot déi dach ganz héich Verschuldung erofdrécke wëll. Ma mir konnten dëst Joer materiewen, dass Dir lech ganz vill Gedanken heiriwwer gemaacht hutt an Dir och an dësem Budget, deen ouni neien Emprunt fir 2026 opgestallt gouf, un d'Finanze vun eiser Gemeng denkt.

Den Här Bindels huet et scho gesot:

D'DP begréisst ausdrécklech är ugekënnegt „vorsichtig Ausgabenpolitik“ a mir loossen eis an Zukunft gären iwwerzeegen, dass dëst keen eidelt Versprieche ass.

Mir géingen dann dëst Joer ganz gären en neie Point de Vue zum Budget mat erabrénge, d'Effizienz.

Fänke mir bei der Schoul un:

Mir begréissen, dass eis Gemeng sech esou fir eis klengste Matbierger an hir Bildung asetzt. Dat gesi mir un den héichwäertege Gebaier, un den innovative Projete wéi der Bëschschoul an dem Vivarium, der Schwemm, den Ausflug, der Museksschoul wéi och de Maison-Relais, déi et scho ginn an déi nach weider geplangt sinn.

Mir denken hei awer och, dass ee méi effizient mam Budget kéint ëmgoen, virun allem wann een de Schoultransport kuckt. Gutt iwwert eng Millioun Euro gi fir de Schoul- an de Pedibus all Joers ausginn, allerdéngs gesäit een d'Busser ganz oft zimmlech

eidel ronderëmfueren an och de Pedibus ass mat deelweis méi Erwuessene wéi Kanner besat. Hei géif sech dach ubidden nozehaken, wisou dat esou ass an dëse Plang gegebenefalls ze iwwerschaffen, d'Tier eventuell nei ze denken oder dës e bëssen erofzeschrauwen an déi sou gewonne Suen anescht ze investéieren.

Esou kéint ee beispillsweis mat 350.000 Euro d'lessensproduktioun an eisen MR net nëmme quantitativ mee och qualitativ erhéijen. Fir eng Gemeng wéi Mamer, déi vill op Qualitéit setzt, virun allem wann een d'Gebaier beispillsweis kuckt, sollt et dach och méiglech sinn de Kanner e regionaalt a saisonaalt Mëttesgasse mat qualitativ héichwäertege Produiten ze zerwéieren. Eng Sicona als Partner kéint engem z. B. dobäi behëlleflech sinn.

Un dëser Platz wëlle mir och nach emol allen Acteuren an de Schoulen, Maison-Relais wéi och am Schoulservice op der Gemeng e grouse Merci soe fir hiren Asaz fir eis Schoulkanner.

Éier mir eriwwer bei eis Seniore ginn, well ech awer e kuerzen Ofstiecher bei déi ganz kleng a bei eis Jugend maachen.

D'DP begréisst, dass d'Gemeng och un eis allerkleengste Matbierger an un hir Familljen denkt.

An eisen haitegen Zäiten, wou vill Eltere vill schaffe mussen, ass et ëmsou méi wichteg, dass se eng Plaz fir hir Kanner hunn, wou dës gutt versuergt a gefuere ginn. Dofir si mir frou, dass Dir am Projet nei Crèche an Zesummenaarbecht mat der Mameranus a.s.b.l. an dësem Joer méi konkret wëllt ginn. Obwuel mir sou direkt kee Posten dozou am Budget fonnt hunn. Vlächcht kënnt dir eis jo nach kuerz erläutere, wéi dat geduecht ass? Mir wëllen och mat op de Wee ginn, dat ee bei enger Machbarkeetsstudie de Ministère bzw. eng Agence, déi sech mat den Normen vum Ministère auskennt, mat an d'Boot huele sollt.

Ausserdeem fanne mir d'Zesummenaarbecht mam Jugendhaus extrem flott a begréisse wéi vill d'Jugendlecher an eiser Gemeng engagéiert sinn. Hinnen e ganz grouse Merci dofir. Grad wéint dem Engagement géinge mir nach emol gären un de Jugendgemengerot erënneren, sou dass e bei lech net a Vergessenheet geréit.

Och bei eise Projete fir d'Senioren si mir frou, dass direkt 2 Iddien aus eise Reien et rëm an de Budget fir 2026 gepackt hunn. D'Konventioun mat der a.s.b.l. Aarbechtshëllef an de Service Super Senior, deen net nëmme de Senioren, déi sech engagéieren eng Missioun gëtt, mee och de Kanner, déi vun de bis elo 290 Stonnen Nohëllef profitéieren konnten, schoulesch a bestëmmt och mënschlech weiderhëlleft.

Ganz frou si mir och iwwert all déi Aktivitéiten, déi fir eis eeler Matbierger ugebuede ginn a freeën eis, dass dem Club Senior hiert neit Doheim an eisem Bâtiment René Federspiel esou gutt gefält.

Bei all de Servicer, déi d'Gemeng fir eis Senioren ubitt wollte mir och emol nofroen, wéi de Rendement hei ausfällt? Gräife vill Leit op dës Servicer zeréck? Vlächcht kéint de Schäfferot eis an engem nächste Gemengerot doriwwer méi Informatiounen ginn?

Zum Punkt Soziales:

Mir begrëissen, datt d'Gemeng an Zukunft méi op d'Chancëgläichheet, d'Inklusioun an de Vivre-Ensemble agoe well. An dësem Zesammenhang begrëisse mir och ausdrécklech de Café Intéegratif, deen am Bâtiment Millénaire ugeduecht ass.

D'Investitioun an d'Allocation de vie chère ass e wichtegen a richtege Schrëtt. Ass geplangt, dëse Prozentsatz an Zukunft nach emol ze iwwerpräiwen an eventuell ze erhéijen? Eng weider Erhéijung vun der Allocation de vie chère wier e kloert Signal vun eiser Gemeng, datt mir d'Kafkraaft vun de vulnerabelste Bierger aktiv stäerken. Si géif net nëmmen direkt hëllef, d'Liewenskäschten ze decken, mee och sozial Ongläichheeten ofbauen an d'Solidaritéit an eiser Gemeinschaft féerden. An enger Zäit, wou d'Präisser weider klammen, ass esou eng Moosnam net nëmmen eng Hëllef, mee eng Investitioun an d'Wuelbefannen an d'Stabilitéit vun eiser Gemeng. Et ass eng proaktiv Entscheedung, déi verhënnert, datt Leit an Nout geroden, an déi eis als sozial verantwortlech Gemeng positionéiert.

Wouriwwer mir eis awer nach méi freeën ass, datt dës Aiden automatesch sollen ausbezuelte ginn, ouni weider Demande vun de Beneficiairen. Dëst ass souguer nach méi wichteg, well déi meescht Leit emol guer net wëssen, datt se sou Bähëllefeng zegutt hunn oder einfach mat dem ganze Pabeierkrom iwwerfuerdert sinn.

Ee wichtige Poste feelt eis awer am Budget respektiv fält en eis ze kleng aus: an zwar deen, no deem d'DP Mamer elo schonns fir d'fënneft an der Ried zum Budget freet. Wou steet den Invest fir eis Gemeng barrièrefräi ze gestalten? Dobäi geet et eis scho laang net méi nëmmen ëm de Reamenagement vun eisen Trottoiren, fir déi och behënnertegerecht ze maachen, an eng rollstullgerecht Spillplaz ze kréien. Mir freeën eis, datt mat 80.000 Euro an e Foussgängerleitsystem investéiert gëtt, dee mir scho ganz laang froen. Mir sinn och frou, datt esou wéi mir et och an dem leschte Budget gefrot haten d'Gemeng, an Zesummenaarbecht mat der Commission d'Inclusion, erfollegräich en éischte Gebärdesproochkuer organiséiert huet an elo souguer nach e weiderféierende Kuer drugehaange gëtt. Mir fannen, datt et och wichteg ass an eisem Gemengenalltag un eis Matbierger*innen, déi näischt gesinn oder gehörlous sinn, ze denken. Esou misst och Mamer TV mat der Iwwersetzung vun engem Gebärdensproochdolmetscher oder Ënnertitele gesent ginn, grad esou wéi all d'Emissiounen, déi iwwert déi sozial Medien diffuséiert ginn. Jo, d'Gemeng kéint hei vill méi leeschten, fir ze weisen, dass mir fir ALL d'Bierger*innen do sinn, an dozou gehéiert och eng barrièrefräi an inklusiv Gemeng! Och an dësem Beräich kéint een effizient sinn andeems een am Dialog mat de betraffene Leit weider Projete fënnt, déi och Sënn fir si maachen an hinnen den Alldag erlichteren. Ausserdeem géing een d'Leit mat enger Behënnnung esou och nach vill méi wäertschätzen an hinnen d'Méiglechkeet ginn sech aktiv fir an an eiser Gemeng anzesetzen. Virun allem ass et awer d'Roll vun der Gemeng ze sensibiliséieren an opmierksam op d'Problematik ze maachen.

E weidere Punkt, wou mir méi effizient kéinte ginn, ass d'Biergerbedeelegung. D'Leit mussen net nëmme besser informéiert ginn iwwer dat, wat an der Gemeng geschitt. Hinne

muss och besser nogelauschtert ginn. Dëst ass jo am leschte Joer mam Budget participatif schonn eng éischte Kéier geschitt a soll och dat nächst Joer ëmgesat ginn. Mat den Iddien déi dëst Joer ragerecht goufen, hu mir gesinn, datt d'Leit sech net bewosst sinn, wat schonn alles an der Gemeng ëmgesat gëtt. Sou kéint ee reegelméisseg iwwert d'Gemengeprojeten informéieren, datt dës och genotzt ginn an d'Sue vun der Gemeng soumat effizient beim Bierger ukommen. Ass eventuell ugeduecht rëm e groussen Ecran op d'Areler Strooss ze kréien, wéi en ëmmer virum Kinneksbond stoung, fir iwwert d'Aktualitéiten an der Gemeng ze informéieren? Änlech wéi zu Stroossen oder zu Kielen bspw..

